

Université vu Lëtzebuerg

Master en Langues, Cultures et Médias – Lëtzebuerger Studien

**“Kee verstännegt gespréich konnt ee féieren” - Déi problematesch
Kommunikatioun am Theater vum Pol Greisch**

Masteraarbecht

virgeluecht vum:

Catherine Millim

catherine_millim@hotmail.com

12, rue Michel Lentz

L-8085 Bartreng

691713348

Matrikelnummer:

0140996536

Betreiung:

Dr. Ian De Toffoli

30. Januar 2017

Index

1. Introduktioun.....	3
2. Vum klasseschen bis bei d'analytescht Drama.....	6
2.1. Dat klassescht Drama.....	6
2.2. Dat analytescht Drama.....	9
3. Figurekonstellatiounen a Konflikter an den Dramen.....	14
3.1. <i>Belle-île</i>	15
3.2. <i>Fënsterdall</i>	18
3.3. <i>Léiwe Kleeschen</i>	20
3.4. Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder.....	24
4. D'Kommunikatiounsstéierungen.....	25
4.1. D'Interaktioun – eng sozio-psychologesch Perspektiv.....	27
4.1.1. D'Kontaktopnam.....	28
4.1.2. Inhalts- a Bezéiungsaspekter.....	36
4.1.3. Komplementär a symmetresch Interaktioun.....	39
4.2. D'Sprooch – eng linguistesche Perspektiv.....	44
4.2.1. Pausen an Ofbréch an der Sprooch.....	44
4.2.2. Den dialogesche Monolog.....	48
4.2.3. Den Dialog als Monolog.....	49
4.3. Kënnt et zu enger Verstännegung?.....	51
4.4. D'Konsequenze vun de Kommunikatiounsstéierungen.....	55
5. Konklusioun.....	58

6. Bibliographie.....	61
-----------------------	----

1. Introduktioun

D’Kommunikatioun bitt de Mënschen d’Méiglechkeet sech anere matzedeelen an aner Mënschen ze verstoen. Dofir gëtt d’Kommunikatioun als Mëttel fir Messagen, Wënsch, Erwaardungen an och fir Gefiller auszetausche benotzt. Wat geschitt awer, wa sech Problemer an der Kommunikatioun breet maachen, an déi net méi esou funktionnéiert wéi virgesinn? Genee dat passéiert am Pol Greisch sengem Theater, wat eis zum Titel vun dëser Masteraarbecht bréngt:

“Kee verstännegt gespréich konnt ee féieren” - Déi problematesch Kommunikatioun am Theater vum Pol Greisch

Éier sech spezifesch op den Opbau vun dëser Aarbecht konzentréiert gëtt, gëtt de Pol Greisch a säi Wierk kuerz virgestallt an zesummegefaasst. De Pol Greisch ass 1930 zu Walfer gebuer. Zënter iwwer 60 Joer ass hien als Schrëftsteller tätég a Mattgrënner vum TOL. Hie schreift net nëmmen Theaterstécker, mä hien stoung och selwer oft op der Bühn. Zu Lëtzebuerg steet hien fir den Ufank vum modernen an analyteschen Theater. Mat ënner anerem: *Äddi Charel* (1966), *Besuch* (1971), *Grouss Vakanz* (1980) an *E Stéck Streisel* (1992) benotzt hien d’Technik vum absurden Theater, deem un de Samuel Beckett erënnert, fir de sënnslosen Alldag duerzestellen aus deenen d’Figuren net erauskommen. An dëse Stécker ass seng Sprooch voller Humor. Zousätzlech schaaft hien eng gewësse Melancholie, déi seng Figuren zu Antihelde mécht: si hunn Dreem an Hoffnungen vun engem bessere Liewen, mä déi bleiwen onerreechbar. Fir déi Personnagen bleiwen dës Dreem, Ausbrochversich, déi net duerchgezu ginn. Theme wéi de Mangel u mënschlecher Wiermt an Kommunikatiounsbereetschaft sti grouss am Fokus. De Pol Greisch gräift dës Themen och a sengem Spéitwierk op, déi awer nach méi düster a pessimistesche sinn an net méi d’Techniken an d’Stilmëttel vum absurden Theater hunn. D’Stécker, besonnesch *Belle-île* a *Fënsterdall*, thematiséieren de Probleem vum Alteren, vum Doud, deem ëmmer méi no kënnt an de Wonsch no Zweesamkeet. Dës Themen schéngen dominant a sengen Stécker ze sinn, an zéie sech ëmmer de roude Fuedem vun der problematescher Kommunikatioun derduerch. Zousätzlech zu *Belle-île* a *Fënsterdall* gëtt och nach *Léiwe Kleeschen* ënnersicht. Déi dräi Stécker hunn all Kéiers eng Dräi-Figure-Konstellatioun, déi sech gutt mateneen vergläiche loossen.

D’Fro déi sech stellt ass: Wéi gëtt déi problematesch Kommunikatioun an deene Stécker duergestallt? D’Marion Hebach, op dat sech vill an dëser Aarbecht wäert bezu ginn, seet: „Scheiternde Kommunikation aber allein der Untauglichkeit des sprachlichen Mediums zu begründen, bedeutet eine unzutreffende Simplifizierung; es spielen viele Faktoren eine Rolle“¹ Hatt weist, dass och wann et bei der Kommunikatioun tëschent de Figuren, vill ëm d’Sprooch geet, mä och aner Faktore matspillen, wéi zum Beispill déi sozio-psychologesch, déi nieft der Sprooch, ee vun den Hauptpunkte wäert anhuelen. Et ass wichtig festzehalen, dass ee sech bei Stéierungen an der Kommunikatioun net op d’Sprooch alleng limitéiere soll. Dofir gesäit d’Beschreiwung vum Thema folgendermoossen aus: An enger Dräi-Figuren-Konstellatioun ginn all Kéiers d’Ursaachen an d’Folgen vun de Kommunikatiounsstéierungen an de Stécker duergestallt. Tëschent de Figuren entsti Gespréicher, déi voll mat Mëssverständnis, Aggressivitéiten an Auswäichunge sinn. All Figur reagiert ënnerschiddlech op d’Konfrontatiounen, mä all Kéiers scheitert de Versuch vun der Verständnegung.

Den Opbau vu menger Masteraarbecht wäert folgendermoossen ausgesinn: Am theoreteschen Deel wäert als alleréischts dat klassescht Drama, mat all senge Mierkmoler, am Fokus stoen. Et ass wichtig d’Hauptpunkten ze demonstéieren, fir dass den Ënnerschied an d’Entwécklung bis bei d’analytescht Drama kloer gëtt. Dëst Kapitel ass wichtig fir ze demonstréieren wéi d’Dramen vun engem klassesche Point-de-vue aus opgebaut waren an a wéiengen Hisiichten se sech um Schluss vum 19. Jorhonnert verännert hunn. Am Kapitel vum analyteschen Drama ginn hir Schwéierpunkten opgegraff a mat Hëllef vum Peter Szondi an Maurus Roller hiren Erklärungen op d’Kris vum Drama higewisen. Nodeems d’analytescht Drama definiéiert ginn ass, gëtt sech nach eng Kéier op dem Peter Szondi säi Buch, die *Theorie des modernen Dramas* an op dem Jean-Pierre Sarrazac seng *Poétique du drame moderne*, bezunn fir dësen Wandel esou präzis wéi méiglech kënnen duerstellen. De Peter Szondi erkläert, dass fënnf Auteuren fir dës Kris verantwortlech waren an zwee vun deenen, ginn an dësem Kapitel ervirgehuerwen an un engem vun hire Wierker analyséiert. Duerch dës Definitiounen a Feststellunge

¹ Hebach, Marion. (2006): *Gestörte Kommunikation im amerikanischen Drama*. Tübingen: Gunter Narr Verlag,

kann den Iwwergang an de prakteschen Deel gemaach ginn. Et steet elo fest wat genee en analytescht Drama muss beinhalte fir sech esou dierfen ze nennen an ob dem Pol Greisch seng Stécker dësen Uspréch gerecht gött.

Dat éischt praktescht Kapitel nennt sech Figurekonstellatiounen a Konflikter an den Dramen. Wéi virdru scho gesot ginn ass, gött sech nëmmen op Stécker bezunn, déi aus sengem Spéitwierk kommen an eng Dräi-Figuren-Konstellatioun besëtzen. Et ass ëmmer eng vun deene Figuren den „Aggressor“: eng aner Figur gött mat eppes konfrontéiert, mä déi verweigert dat wat gesot ginn ass unzehuelen. D’Figur gött aus hirem psychechen a physesche Gläichgewiicht bruecht, wat zu hire Konflikter féiert. Et ginn net nëmme Konflikter tëschtent de Figuren, mä och Konflikter, déi d’Figuren an hirem Ënnere mat sech selwer hunn, ginn duergestallt. Am grouse Ganzen ass de But vun dësem Kapitel e Resumé vun de Stécker mam Schwéierpunkt op de Figuren hire Konflikter ze maachen. Dat heescht et geet drëms d’Gedankegäנג an d’Argumenter ouni gréisser Problemer kënnen nozevollzéien an ze verstoen.

De Schwéierpunkt vun dëser Aarbecht läit am nächste Kapitel, nämlech an deem vun de Kommunikatiounsstéierungen, dat nach eng Kéier a véier Ënnerkapiteln ënnerdeelt gött: d’Interaktioun, d’Sprooch, d’Verstännegung an d’Konsequenzen. Déi zwou Perspektiven vun der Interaktioun an der Sprooch sinn ausschlaggebend fir d’Analys vun de Stéierungen an der Kommunikatioun. D’Interaktioun, eng sozio-psychologesch Perspektiv gött nach eng Kéier an dräi weideren Ënnerkapiteln ënnerdeelt. Hei sinn d’Kontaktopnam, d’Inhalts- a Bezéiungsaspekter an déi komplementär a symmetresch Interaktioun d’Haaptpunkten, déi ënnersicht ginn. Déi verschidde Punkte gi mat Definitiounen am Detail erkläert a mat praktesche Beispiller aus deenen dräi ausgewieltene Stécker beluecht. Well awer och d’Sprooch e wichtege Faktor vun der problematescher Kommunikatioun ass, nennt sech dat zweet Ënnerkapitel: d’Sprooch an d’Form – eng linguistesche Perspektiv. D’selwecht wéi bei der sozio-psychologescher Perspektiv ass och déi linguistesche Perspektiv an dräi weider Ënnerkapiteln ënnerdeelt ginn: hei ginn d’Pausen an d’Ofbréch an der Sprooch, den dialogesche Monolog an och den Dialog als Monolog jeweils definéiert, erkläert an u Beispiller aus *Belle-Île*, *Fënsterdall* an *Léiwe Kleeschen* analyséiert. Duerch dës zwou verschidden an awer och zesummenhänkend Perspektive kann erausfonnt ginn wéi eng Kommunikatiounsstéierung virleien a

wéieen Afloss dës op d'Figuren an de verschiddene Stécker hunn. Dann am leschten Ënnerkapitel vun de Kommunikatiounsstéierungen stellt sech d'Fro ob et zu enger Verständnegung kënnt oder net. Déi Fro kann duerch d'Ënnersichen vun der sozio-psychologescher an der linguistescher Perspektiv beäntwert ginn. Wann et zu enger Verständnegung kënnt, gëtt determinéiert wéi eng a wéi wäit déi geet. Am leschten Ënnerkapitel vun de Kommunikatiounsstéierungen geet et ëm d'Konsequenze vun de Kommunikatiounsstéierungen. Wat sinn d'Konsequenzen vun dëser problematescher Kommunikatioun? Kënnt et zu enger Eskalatioun oder gëtt et eng Entwécklung? An am wichtigsten: wéi geet et aus? Dat sinn alles Froen, déi sech an dësem Kapitel stelle wäerten an och beäntwert wäerte ginn, duerch deen am Detail analyséierten Deel vun de Kommunikatiounsstéierungen. Nodeems de Ausgang vun de Stécker feststeet ass et un der Zäit fir bei d'Konklusioun ze kommen. Hei ginn déi wichtegst Punkten nach eng Kéier grob zesummegefaasst an et gëtt versicht op folgend Froen eng Äntwert ze ginn: A wéi enge Stécker leie wéi eng Kommunikatiounsstéierung vir? Ginn déi geléisst oder net? Wa jo, wéi? A wat sinn d'Konsequenze wann net? An als ofschléissend Fro: wat soen d'Kommunikatiounsstéierung iwwert d'Figurenkonstellatiounen aus?

2. Vum klasseschen an d'analytescht Drama

Dem Pol Greisch seng Stécker ginn dem analyteschen Drama zougeschriwwen. An engem kuerzen theoreteschen Deel gëtt dofir fir d'éischt erkläert wat genee e klassescht an en analytescht Drama ass a wat hir Schwéierpunkte sinn, fir dass ee ka gesinn firwat dem Pol Greisch seng Stécker zum analyteschen Drama gehéieren. Zousätzlech ginn an dësem Kapitel d'Ënnerscheeder vun deenen zwee Dramen demonstréiert an et gëtt erkläert wéi et zu der Entwécklung vum klasseschen an dat analytescht Drama komm ass.

2.1. Dat klassescht Drama

Opbauend op d'Tragödie vum Sophokles, Eurypides an Aeschylos, huet den Aristoteles als éischten d'Charakteristika an d'Regelwierk vum klasseschen Drama festgeluecht. Dat Regelwierk huet och nach an der Franséischer an däitscher Klassik gegëllt, wat nach méi spët an dësem Kapitel opgegraff gëtt.

D’Franziska Schöblier erklärt a sengem Buch *Einführung in die Dramenanalyse* wéi eng klassesch Handlung ausgesinn huet:

„Die Mythen, die die Tragödien >wiedererzählen<, sollen dabei als geschlossen und >ganze< Handlungen präsentiert werden, die Anfang, Mitte und Ende besitzen. Diese Aussage ist keineswegs trivial, sondern verweist auf einen stringenten Handlungszusammenhang, in dessen Zentrum die Peripetie steht, das heißt der Umschlag eines bislang glücklichen Verlaufs in einen unglücklichen oder umgekehrt. Dieser Glückswechsel bestimmt, da er sich konsequent aus den vorangegangenen Ereignissen ergeben muss, auch die zeitliche Ausdehnung des Dramas.“²

De Gustav Freytag huet dat 1863 an *Die Technik des Dramas* d’Theorie vum klassischen Drama an enger schematisierter Form zesummegefaasst andeems hien d’Struktur vum Drama wéi e pyramideschen Opbau beschriwwen huet:

Am éischten Akt steet d’„Exposition“. Den Zuschauer kritt eng Aféierung iwwert déi zäitlech an örtlech Verhältnisser a léiert d’Virgeschicht an d’Persounen, déi fir d’Handlung wichteg sinn, kennen. D’Opmierksamkeet gëtt op de Konflikt an d’Spannung gelenkt. Am zweeten Akt steet d’„Steigende Handlung mit erregendem Moment“, hei ginn d’Handlungsträng mateneen verbonnen. Interessen stoussen openeen oder Intrigen ginn entwéckelt, dat heescht, dass d’Entwécklung vun deem wat geschitt an eng bestëmmte Richtung gesteuert gëtt, wat eng Spannung op de weidere Verlaf vum Stéck soll ausléisen. Am drëtten Akt kënnt et duerch d’Entwécklung vun deem Konflikt zum „Höhepunkt und Peripetie“. Den Held steet elo bei där Ausernanersetzung déi alles entscheed. Et kënnt zur „Peripetie“, wéi d’Franziska Schöblier et an hirer Definitioun erkläert: „[...]plötzlicher Umschwung, und kann in einem völligen Entzug sämtlicher Handlungsmöglichkeiten kulminieren.“³. Dësen dramateschen Ëmschwung kann decidéieren tëschent Victoire oder Néierlag. Dowéinst kënnt et am véierten Akt zu der „Fallender Handlung mit retardierendem Moment“. Dat heescht d’Stéck geet op lues op de Schluss duer, mä d’Spannung gëtt awer nach eng leschte Kéier gestéigert am „retardierendem Moment“. Bei enger Tragödie heescht dat zum Beispill, dass den Held vläicht awer nach ka gerett ginn. Dann kënnt et am fënneften a leschten Akt zu der „Katastrophe“.

² Schöblier, Franziska. (2012): *Einführung in die Dramenanalyse*. Stuttgart: Verlag J.B. Metzler, 21-22.

³ Ibid., 22.

Dësen Akt bréngt d'Léisung vum Konflikt, wat an der Tragödie oft den Ënnergang vum Held bedeit.

Net nëmmen déi antik Stécker, déi vu Schöblier a Freytag duergestallt ginn, sinn no dësem Schema verlaaf, mä déi Reegelen hunn och an der däitscher a franséischer Klassik gegollt. Si hu sech um antiken Drama inspiréiert, well dësen hiren Idealvirstellungen entsprach huet. De Jürgen von Stackelberg erkläert dëst méi detailléiert a sengem Buch *Kleine Geschichte der französischen Literatur*:

„Als vernünftig galt zunächst einmal, was der grösste Dichtungstheoretiker der Antike, Aristoteles, in seiner Poetik festgelegt hatte. Allerdings mussten gewisse Einzelheiten, die explizit gar nicht in der aristotelischen Poetik genannt wurden, daraus extrapoliert werden. Hatte er von der Einheit der Zeit (...) gesprochen und gefordert, nur eine einzige, vollständige Handlung dürfe das Bühnengeschehen ausmachen, so musste die Regel von der „Einheit des Ortes“ aus Aristoteles herausgelesen werden: Aufgestellt hat er sie nicht. Für Frankreichs Klassiker aber stand fest: an einem Ort und in höchstens einem Tag musste sich die Handlung, auf die sich alles Interesse konzentrieren sollte, abspielen. Dass die Dichtung, die Frankreichs literarisches Ansehen dem der Antike gleichstellen sollte, nur eine Theaterdichtung sein konnte, stand für sie fest.“⁴

D'Vertieder aus der franséischer Klassik, wéi zum Beispill de Jean Racine, ee vun deene bedeutenste Schrëftsteller vu senger Zäit, benotzen d' „doctrine classique“, déi no um antike Regelwierk läit an am Nicolas Boileau sengem Wierk *Art poétique* vun 1674 versammelt sinn. Wéi de Jürgen von Stackelberg seet, huet den Aristoteles nëmmen d'Eenheet vun der Zäit gefuerdert, mä an der „doctrine classique“ kommen dräi Eenheete fir: d'Eenheet vun der Zäit, dem Uert an der Handlung. D'Handlung, déi duergestallt gëtt huet de Gesetzer vun der „vraisemblance“, der Wahrscheinlechkeet, nozegoen an d'Natur nozebilden. Déi Natur gëtt awer fräi vun allem wat ellen oder net edel genuch ass, duergestallt an ass dofir eng stiliséiert Natur. D'Sprooch huet dem „bon usage“ z'entsprechen, dat heescht, dass se engem gudde Stil soll nokommen. Hannert dem Begrëff vun der „bienséance“ steet d'Fuerderung, dass d'Duerstellung esou sollt ausgesinn, wéi d'Gesellschaft vum Haff aus dem 17. Jorhonnert et als ubruecht fonnt huet. Den Adel a gehuerwe Schichten aus dem Vollek, wéi zum Beispill Beamten, Händler a Geschäftsleit waren d'Publikum vum

⁴ Von Stackelberg, Jürgen. (1999). *Kleine Geschichte der französischen Literatur*. München : C.H. Beck Verlag. S.49-50

klassischen Theater. D'Wirkung vum de Stécker war deemools wichteg: d'Zuschauer sollte sech un deem amuseren un deem wat se gesinn an eng Réierung verspiere iwwert d'Schicksaler vum de Figuren. Dëst sollt zu enger sittlecher Besserung féieren an den Theater soll zu der Schoul vum der „honnêteté“ ëmfunktionnéiert ginn.

Déi däitsch Klassik hat ähnlech Vuen, mä kënnt réicht méi spéit op: 1786-1832. D'Hauptvertreder sinn do de Johann Wolfgang von Goethe an de Friedrich Schiller gewiecht. Mam Doud vum Goethe, 1832, geet et och mat der däitscher Klassik op en Enn.

Dat klassesch Drama ass wéint sengem Opbau einfach ze duerchkucken. D'Konflikter sinn oppen, iwwerschaubar a verständnisvoll, alles wat en analytescht Drama net ass. Wat en analytescht Drama ausmécht a wéi et zu deem Wandel komm ass, gëtt am nächste Kapitel duergestallt.

2.2. Dat analytescht Drama

D'Struktur vum klassischen Drama gëtt am analyteschen Drama a Fro gestallt ginn. Dat analytescht Drama ass am Géigesaz zum klassischen Drama net einfach ze duerchkucken: Et muss een no de Konflikter an de Stécker sichen, et ass näischt méi offensichtlech an oppen, well et op den éischte Bléck esou schéngt, wéi wann iwwerhaupt keng Aktioun an Handlung do wieren.

De Wandel vum klassischen an dat analytescht Drama bezeechent de Peter Szondi als Kris vum Drama, déi um Schluss vum 19. Jorhonnert stattfënnt. Zu där Zäit, ronderëm 1880 kënnt et zu engem Broch, deem de Maurus Roller esou erkläert:

„Das Form-Inhalt-Gefüge präsentiert sich in dieser Zeit als ein Spannungsgefüge; die Dramen der Epoche zeugen von einem drohenden Auseinanderlaufen von Form und Inhalt. Angesichts des wechselseitigen Bedingungsverhältnisses (Hegel) beziehungsweise der dialektischen Identität (Szondi) von Form und Inhalt stellt dies aber eine existenzielle Gefährdung des Dramas dar. [...] Zu beantworten ist zunächst allerdings die Frage nach den Gründen, die sich für die Gefährdung des Dramas gegen Ende des 19. Jahrhunderts ausmachen lassen. Eine Antwort auf diese Frage ist wiederum nicht im Bereich des Ästhetischen zu finden; sie ist vielmehr nur möglich, wenn man den engen Bereich des Ästhetischen verlässt und sich der sozialen Lebenswelt zuwendet. Grundlegend ist dabei die Annahme, dass sich das Drama nicht als ein historisch neutrales Gebilde präsentiert, sondern geradezu gegenteilig bis in sein

Innerstes hinein eine Affinität zu den existenziellen Bedingungen des Menschen sowie zu dessen soziokultureller Lebens- und Erfahrungswelt aufweist.“⁵

Dës Ännerungen, déi de Maurus Roller hei beschreift hunn déi Kris vum Drama ausgeléisst. Mä wéi gesinn dës Dramen aus a wat sinn d'Ënnerscheeder zum klasscheschen Drama? D'Franziska Schöblier definéiert dat analytescht Drama folgendermoossen:

„Im analytischen Drama wird nach und nach die Vergangenheit aus unterschiedlichen Perspektiven freigelegt [...]. Die analytische Dramenform ist zweisträngig und reflexiv, denn das dramatische Geschehen ergibt sich daraus, dass die Figuren von einem früheren Ereignis erfahren, dieses kommentieren und darauf reagieren.“⁶

Wat hei wichteg ass festzehalen ass den „nach und nach“, et dauert eng Zäit bis erauskënnt ëm wat et geet. Laang mengt een et géif net wierklech eppes geschéien, dann deckt sech awer lues a lues eng Handlung op. Déi Handlung ass awer net wéi déi aus dem klasscheschen Drama, et kënnt praktesch zu kenger Aktioun. D'Figure schwätzen, wat awer net heescht, dass se mateneen kommunizéieren. Oft ass et sou, dass „die Figuren reagieren thematisch nicht aufeinander, sondern bewegen sich – verstrickt in ihre autistische Gedankensphären – in einem eigenen Monolog.“⁷, wéi d'Franziska Schöblier erkläert. Duerch d'Aussoen vun de Figuren kann den Zuschauer sech dann lues a lues eng Handlung zesummerreimen a verstoe wat d'Konflikter tëschen de Charaktere sinn. Den Hubert Zapf féiert dat nach weider aus:

„Der Zuschauer wird zum Zeugen von teils bewegenden, teils befremdenden Psychodramen, an denen er nicht mehr, wie im klassisch-aristotelischen Dramenmodell, gewissermaßen selbst als zu therapierender Patient beteiligt ist, sondern denen gegenüber er in eine zwiespältige Haltung zwischen Distanz und Empathie, zwischen Verstehensimpuls und Bewusstsein unaufhebbarer Alterität versetzt wird.“⁸

En analytescht Drama setzt eng Komplexivitéit viraus, déi et am klasscheschen Drama guer net gëtt. De Broch, oder och nach d'Kris vum Drama genannt ass, wéi virdu schon erwähnt ginn ass, um Schluss vum 19. Jorhonnert geschitt. Den Henrik Ibsen

⁵ Roller, Maurus. (2014) : *Krise und Wandel : das britische Drama im 20. Jahrhundert*. Tübingen : Gunter Narr Verlag. S.15-16

⁶ Schöblier, 67.

⁷ Ibid., 84.

⁸ Zapf, Hubert. (1998): *Alltagsdrama und Psychodrama: Katastrophe und Katharsis*. An: Hans-Jürgen Diller et al. (eds.), *Gewalt im Drama und auf der Bühne: Festschrift für Günter Ahrends zum 60. Geburtstag* Tübingen: Gunter Narr Verlag. S : 210.

an den Anton Tschechow sinn zwee vu fënnf Haaptauteuren, déi dës Broch zum klassischen Drama verursaacht hunn.

Dem Ibsen säin Theaterstück *John Gabriel Borkman* ass e perfekt Beispill vun engem analytesche Stück. De Jean-Pierre Sarrazac erkläert firwat: „Quant à *John Gabriel Borkman* (1894), avant-dernière pièce de Ibsen, on la qualifie à juste titre de « drame analytique », parce que l'action en est uniquement constituée par une sorte de remontée du passé dans un présent des plus inertes et des plus mortifères.“⁹ An de Peter Szondi huet déi nämlech Usichtsweis: „Die Vergangenheit ist hier nicht Funktion der Gegenwart, vielmehr ist diese nur Anlaß zur Heraufbeschwörung der Vergangenheit.“¹⁰ Fir dës Aussoe genee kënnen nozevollzéien gëtt kuerz zesummegefaasst wéi *John Gabriel Borkman* opgebaut ass a wat geschitt:

D'Stück spillt op engem Wanterowend am Haus vum John Gabriel Borkman, deem do säit aacht Joer vereinsamt leeft. Hien wunnt um éischte Stack a seng Frau, Gunhild, um Rez-de-chaussée, mä si begéine sech awer ni an all deene Joren. D'Haus gehéiert dem Gunhild senger Schwëster Ella, déi awer net do wunnt. Si kennt just eemol d'Joer laanscht fir mam Concierge ze schwätzen, mä trifft den John an d'Gunhild dobäi ni. Op dësem Wanterowend begéine sech déi dräi Figuren, déi sech elo friem sinn an awer wéint hirer Vergaangenheet mateneen verbonne sinn. Am éischten Akt begéine sech d'Ella an d'Gunhild, am zweeten d'Ella an de Borkman an am drëtten dann nach de Borkman an d'Gunhild. An dës Gsprécher kennt lues a lues alles un d'Licht, wat an all deene Joren net ausgeschwat ginn ass: de Borkman war ëmmer an d'Ella verléift, mä huet awer seng Schwëster bestued. Hien huet fräiwëlleg op d'Ella verzicht fir d'Ënnerstëtzung vum Affekot Hinkel fir seng Bankcarrière ze kréien an deem och um Ella intresséiert war. D'Ella selwer ass net um Hinkel interesséiert, dee mengt, dass hannert dem Desinteresse den Afloss vum Borkman stécht. Doropshin rächt hien sech um Borkman an ass dann och fir deem seng Prisongsstrof verantwortlech. An dëser Zäit hält hat dem Borkman säi Jong, den Erhard, bei sech op an erzitt hien zu hirem eegene Jong. Wou den Erhard bis méi grouss ginn ass, hält d'Gunhild e rëm bei sech zréck. Elo huet d'Ella eng déitlech Krankheet a säi leschte Wonsch wier hir lescht Méint mam Erhard ze

⁹ Sarrazac, Jean-Pierre. (2012): *Poétique Du Drame Moderne*. Paris: Editions du Seuil, S: 40.

¹⁰ Szondi, 28.

verbréngen. Den Erhard wëll dëst net a verléisst seng Mamm a seng Tatta fir déi Fra an déi hien sech verléift huet. Dat sinn alles d'Motiver déi am Ibsen sengem Stéck un d'Liicht komm sinn. De Peter Szondi ënnersträicht dat esou: „Sie werden an diesem Winterabend aus den verschütteten Seelen der drei Menschen in die Helle des Rampenlichts heraufgeholt.“¹¹

Mat dësem Theaterstéck huet den Henrik Ibsen en analytescht Drama kreéiert, wou d'Géigewaart de Grond fir d'Eropbeschwéierung vun der Vergaangenheet ass.

Beim Anton Tschechow gesäit et ähnlech aus wéi beim Ibsen, de Sarrazac behält nämlech folgendes vu senge Stécker zréck: „La dramaturgie est entrée dans cette ère – et dans cette aire – du quotidien qui fait dire à Tchekhov que « rien ne se passe » dans ses pièces.“¹² Dat ass deen éischten Androck, déi d'Stécker aus dem modernen Drama vermëttelen, mä och beim Tschechow stécht vill méi dohannert an et muss een no de Konflikter ebësse méi genee sichen fir se ze fannen. De Peter Szondi baut dëst weider aus:

„In den Dramen Tschechows leben die Menschen im Zeichen des Verzichts. Verzicht vor allem auf die Gegenwart und die Kommunikation kennzeichnet sie: Verzicht auf das Glück in der realen Begegnung. Diese Resignation, in der sich Sehnsucht und Ironie zu einer Haltung der Mitte verbinden, bestimmt auch die Form und damit Tschechows Ort in der Entwicklungsgeschichte der modernen Dramatik.“¹³

De Verzicht op d'Kommunikatioun, deen an dësem Ausschnëtt genannt gëtt ass e wichtege Punkt, deen hien och nach weider ausbaut. Am Tschechow senge Stécker si Kommunikatiounsstéierungen, well d'„Dialoge sind ohne Gewicht[...]“¹⁴ an just en „Aneinander-vorbei-Reden“¹⁵ an och d'Monologer sinn anescht wéi een et an de kllasseschen Drame gewinnt ass:

„Sie sind keine Monologe im traditionellen Sinne des Wortes. An ihrem Ursprung steht nicht die Situation, sondern die Thematik.[...]Die Worte werden inmitten der Gesellschaft, nicht in der Vereinzelung gesprochen. Aber sie selbst vereinzeln den, der

¹¹ Ibid., 26.

¹² Sarrazac, 79.

¹³ Szondi, 32.

¹⁴ Ibid., 36.

¹⁵ Ibid., 39.

sie spricht. Beinahe unbemerkt geht so der wesenlose Dialog in die wesenhaften Selbstgespräche über.“¹⁶

Domadder ass gemengt, dass d'Figuren sech zwar an engem Raum ophalen an et och esou wierkt, wéi wa se matenee géife schwätzen, mä den Inhalt weisst, dass dëst absolut net de Fall ass. Seng Figuren schwätzen iwwert dat wat se bedréckt an am Géigenzuch dozou, kréie se keng Äntwert, mä eng aner Ausso vun där Figur a wat déi bedréckt. Et ass am Szondi sengen Aen eng „Absage an die Handlung und den Dialog – die zwei wichtigsten Formkategorien des Dramas“¹⁷ A genee dat ass et wat dat modernt Drama ausmécht.

Um Beispill *Drei Schwestern* (1901) gëtt nach eng Kéier ënnerstrach wat en analytescht Drama ausmécht a wéi den Tschechow dëst ëmgesat huet.

Drei Schwestern

„ist die ausschließliche Darstellung einsamer, erinnerungstrunkener, von der Zukunft träumender Menschen. Ihre Gegenwart wird erdrückt von Vergangenheit und Zukunft, ist Zwischenzeit, Zeit des Ausgesetztseins, in der die Rückkehr in die verlorene Heimat das einzige Ziel ist.“¹⁸

Am Stéck geet et ëm dräi Schwestern an hire Brudder, déi alleguer dee selwechten Wunsch hunn: zeréck op Moskau ze plënnere, fir do hir Dreem ze verwierklechen. Wéi den Szondi et hei erkläert ginn d'Figuren vun hirer Géigewaart erdréckt, dat heescht si existéieren zwar, mä se liewen an hirer Vergaangenheet a schwätzen iwwert eng Zukunft, déi sech ni verwierkleche wäert a bleiwen an enger Zwëschewelt hänken, wat hei nach méi genee erkläert gëtt:

„Wie die Helden der Tschechowschen Dramen trotz ihrer psychischen Abwesenheit das gesellschaftliche Leben weiterleben, aus ihrer Einsamkeit und Sehnsucht nicht die letzte Folgerung ziehen, sondern in der schwebenden Mitte zwischen Welt und Ich, Jetzt und Einst ausharren.“¹⁹

Et kann ee festhalen, dass dem Tschechow seng Stécker nach e Schrëtt méi wäit ginn wéi dem Ibsen seng, andeems net nëmmen d'Vergaangenheet ëmmer erëm de Wee

¹⁶ Ibid., 36.

¹⁷ Ibid., 35.

¹⁸ Ibid., 32.

¹⁹ Ibid., 35.

an d'Géigewaart fënnt, mä dass d'Kommunikatioun, och wann d'Figure mateneen schwätzen, net wierklech funktionnéiert. D'Personnagë hu sech näischt ze soen, well se vum Alldag erdréckt ginn. Besonnesch den Andrej, de Brudder vun den dräi Schwëstere, ass esou vereinsamt, dass hie just ka schwätze wann hie weess, dass hie net verstane gëtt. Fir dat duerzestellen huet den Tschechow en Diener vum Landschaftsamt kreéiert, dee ganz schlecht héiert. Dofir schénkt hie „Gespräch“ am Stéck wéi en Dialog, mä entpoppt sech als Monolog: si schwätzen iwwert dee selwechte Géigestand, mä net mateneen. Dës nennt sech dialogesche Monolog a gëtt och spéider an dëser Aarbecht méi genee um Pol Greisch senge Stécker analyséiert. An dësem Fall dréckt et d'Onméiglechkeet vum Verständnis aus, si schwätze laanschteneen an et kënnt dofir zu kenger Verstännegung tëschent de Figuren.

Et kann een dofir soen, dass dat analytescht Drama däitlech vum klasseschen Drama z'ënnerscheeden ass an duerch, ënner anerem, Ibsen an Tschechow geprägt ginn ass. Am Verlaf vun der Aarbecht a besonnesch bei der Analys vun de Kommunikatiounsstéierungen wäert drop zrëckgegraff ginn, ob dem Pol Greisch säi Spéitwierk effektiv an dat Schema vum modernen, analyteschen Drama passt oder net.

3. Figurekonstellatiounen a Konflikter an den Dramen

D'Figurekonstellatiounen fir dës dräi Stécker hëllefen d'Verhältnissen an d'Verbindungen vun de Figuren an den Dramen ze verstoen. Et ginn dofir déi sozial a psychologesch Bezéiungen, awer och déi mental Bezéiungen vun de verschiddene Figuren festgehalen. Den Ëmfang vun de Figuren ass an deene véier Stécker déi nämlech, dat heescht et handelt sech all Kéiers ëm eng Dräi-Figuren-Konstellatioun. Den Oflaf ass och dee nämlechen an all Stéck: am Ufank sinn et zwee Personnagen, wouopshinn eng Drëtt spéider bei déi zwou Figuren dobäitritt.

Et ass ëmmer eng vun deene Figuren den „Aggressor“ (Figur A): eng aner Figur (Figur B) gëtt mat eppes konfrontéiert, mä déi verweigert dat wat gesot gëtt unzuhuelen. D'Figur B gëtt aus hirem psychechen a physesche Gläichgewicht bruecht, wat zu de Konflikter féiert. Et ginn net nëmme Konflikter tëscht de Figuren, mä och déi, déi d'Figuren an hirem Ënnere mat sech droen.

Fir d'éischt wäerte fir all Stéck eng Figurekonstellatioun opgestallt ginn an dann jeweils d'Konflikter, déi d'Figure mateneen hunn, opgefëiert ginn a schlussendlech ginn d'Konflikter, déi d'Figure mat sech selwer hunn opgeléicht.

3.1. Belle-Île

D'Figurekonstellatioun am *Belle-île* gesäit folgendermoossen aus: dräi Personagen, wou sech zwee dovunner gutt kennen an déi drëtt Persoun duerch Zoufall zu Equemauville an der Normandie, op si trëfft. D'Nicolette huet 35 Joer a muss sech ëm en eelere Mann këmmere. Et stellt sech eraus, dass et säi Stéifpapp ass an op deem ass hatt net gutt ze schwätzen. Hatt schéngt mat dëser Liewenssituatioun net zefridde ze sinn: „Ech hu 35 Joer. Wéini fänkt mäi Liewen un?“²⁰. Wat säi Stiechebleiwen an enger ongewolltener Situatioun ënnersträicht. Säi Wonsch ass et eng Trilogie ze schreiwen, mä dorunner ass net ze denken, well et sech ëmmer ëm de Jimm këmmere muss. Hatt schwätzt a waart op e gewëssenen Aimé, deem all Moment soll optauchen: „Mar kann den Aimé mat der gejabelt kommen. Mar ass mäi fräien Dag.“²¹. Hien taucht am ganze Stéck awer keng eng Kéier op. Héchstwahrscheinlech existéiert hien net an ass eng Wonschvirstellung vum Nicolette, wat säi Verlaangeren no Léift, Gebuergeheet a Fräiheet duerstellt: „Dofir brauch ech den Aimé, verstees de? Fir mech ofzeléisen. Opzepompelen. Datt ech net ganz vergrieten. Fir mech z'erënnere, datt et mech och nach gëtt.“²² Dëst weisst, dass d'Nicolette eng Ënnerstëtzung bräicht a Gebuergeheet sicht. Deen eenzege Mënsch vun deem hatt Léift kritt huet, war säi richteg Papp: „Fir mech ass hien den éiwege Kleeschen, Summer wéi Wanter. Een, mat deem ech ka schwätzen. Haut nach...Meng Geschicht ass gemëntzt fir mäi Kleeschen: e laange Bréif [...] an den Himmel geschéckt, de Pappenhimmel...“²³ Hei gëtt d'Verlaangeren no sengem Papp däitlech, well mat him konnt hatt schwätzen, eppes wat mam Jimm onméiglech ass, well hien sengen Aussoen ëmmer rëm auswäischt. De Jimm ass de Géigendeel a seng Beschreiwungen: „Dech brauch ech net! Wëll ech net! Du bass mäi Prisong! Mäi Cauchemar!“²⁴ Fir hatt ass de Jimm onausstehlech, mä et ass un hie gebonnen, well et senger Mamm versprach hat sech ëm hien ze këmmere, déi Detailer

²⁰ Greisch, *Belle-Île*. Déifferdang : éditions phi. S : 15.

²¹ Ibid., 9.

²² Ibid., 12.

²³ Ibid., 14.

²⁴ Ibid., 13.

kommen all eraus wann hatt mam Hack, e lëtzebuergeschen Staatsbeamten, deen och zoufällg zu Equemauville an der Vakanz ass, iwwert seng Vergaangenheet schwätzt. Do gëtt dann och opgedeckt, dass de Jimm d’Nicolette vergewaltet huet. Hatt schwätzt déi Wieder am ganze Stéck ni aus, mä seng Verbildlechen spräche Bänn. Dëst ass dann och de Konflikt, deen hatt mat sech selwer huet, oder wéi de Sarrazac et erkläert: „L’auteur [...] inaugure une dramaturgie de l’intime, qui ne procède plus principalement d’une relation conflictuelle entre les personnages, mais d’une dimension intrasubjective où le drame se trouve ancré dans la psyché des personnages“²⁵ Hatt probéiert sech selwer ze therapéieren andeems et iwwert déi Evenementer schreift:

„Mäi Papp war kee Groussen. Mä fir mech war hie grouss. Mäi Papp hat ganz reng Hänn. Owes ier ech entschlof sinn, ass hie mer iwwert d’Stir gefuer, iwwert d’Baken, duerch d’Krauselen, ganz liicht, ganz lues... mat senge rengen Fangeren... Duerno gouf et nëmme nach Wirschterchen.“²⁶

Säi Verlaangeren no Léift gëtt hei nach eng Kéier verdäitlecht, well vu senger Mamm krut et déi och ni. Déi wollt him net gleewen a war um Jimm senger Säit: „Vun der Mamm krut ech der an d’Sabbel wann ech kräische koum: Ech geséich Männerchen, sot se.“²⁷

Dem Nicolette seng ënnerlech Konflikter sinn d’Verlaangeren no Léift a Gebuergeenheet an d’Stiechebleiwen an enger onglécklecher Situatioun, dat heescht sech mussen ëm de Jimm ze këmmen an d’Net-Verschaffen vun der Vergaangenheet.

De Jimm ass 70 Joer al a sëtzt wéint engem Autosaccident am Rollstull. Bei deem Accident ass och dem Nicolette seng Mamm gestuerwen. Him gefält et net zu Equemauville an äussert de Wunsch, dass e léiwer zu Emmenmatt wier. Op all déi Saachen, déi d’Nicolette vu sech gëtt, geet hien net an an deelt just seng eege Besoinen mat, wéi zum Beispill: „Sinn duuschtereg“²⁸. Hien ass dann och dee Personnage, deen als éischt op den Hack trëfft. Dësen erwähnt, dass hie wëlles huet op d’Belle-île ze fueren bei d’Carole, wou ee sech wéi och beim Aimé net sécher ass

²⁵ Sarrazac, 120.

²⁶ Greisch, 22.

²⁷ Ibid., 49.

²⁸ Ibid., 11.

ob hatt wierklech existéiert. Am grouse Ganzen entwéckelt seng Figur sech als Bezugspersoun fir d’Nicolette an de Jimm. Besonnesch mam Nicolette gëtt et den Uschäin, wéi wann hien säin Therapeut wier: „ech hu nämlech e bësse Psychologie studéiert [...]. Dat explizéiert mäin onheemlechen Honger fir d’Séil. Deeglaang kann ech mech an d’Séil verdéiwen, am léifsten an déi zwou [...].“²⁹. Et stellt sech raus, dass hien de Mediateur vun deenen aneren zwee ass, well mat him kënne se iwwert dat schwätze wat virgefall ass. Mä net nëmmen dat, wann d’Nicolette mam Hack alleng ass vertraut hatt him alles un an duerch déi Gespréicher, déi si zu zwee féieren, gëtt den Zuschauer d’Detailer iwwert d’Verhältnis tëschent dem Nicolette an dem Jimm gewuer a firwat hatt esou schlecht op hien ze schwätzen ass.

Mä wourëms geet et am Nicolette an Jimm hirem Konflikt genee? Den Haaptkonflikt vun de Figuren ass tëschent dem Nicolette an dem Jimm. Wat den Hack net onwichtig mécht an där Situatioun, well duerch hien kënnt et zu deem Punkt, dass d’Nicolette an de Jimm sech net méi auswäische kënnen an esou déi ganz Wourecht un d’Licht kënnt. An dësem Konflikt ass d’Nicolette den „Agressor“: hatt wëll dem Jimm ëmmer erëm kloer maachen, dass hien fir säi verpfuschtent Liewe verantwortlech ass, mä hien geet keng eng Kéier op seng Undeutungen an an äntwert oft mat: „Gëff dech!“³⁰, fir den Uschëllegungen aus dem Wee ze goen. Hei weisst et sech och gutt, dass et sech ëm en analytescht Stéck handelt, well de Konflikt net op den éischte Bléck z’erkennen ass. Réicht wou hatt mam Hack schwätzt gëtt et fir den Zuschauer kloer wat tëschent dem Nicolette a Jimm virgefall ass:

„Fir mech, e Kand nach, goufen seng schéi Schnësser geschwënn déi schlëmmste Grimassen; seng virwëtzig Fangeren: Wirschtercher; seng Wurscht e Bam, e Vulkan...Ech: begruewen ënnert der Glous, de gliddegen Äschen; keng Loft méi, erstéckt! Bis ech méi grouss gouf..., mech gewiert hunn, mat Hänn a mat Féiss...“³¹

De Jimm huet d’Nicolette sexuell mëssshandelt, wou et kleng an hëlleflos war a sech net wiere konnt. Am Nicolette sengen Aen ass hien duerch den Accident zum Deel bestrooft ginn: „An endlech, no laange Joren, d’Strof, d’verdénge Strofe, wéi se fréier gesot...“³² Dass hien net vollstänneg bestrooft ass gesäit ee gutt u sengem Verhalen vis

²⁹ Ibid., 46.

³⁰ Ibid., 14.

³¹ Ibid., 49.

³² Ibid., 49.

à vis vu sengem Stéifpapp: hatt liest him ëmmer erëm déi Geschicht vir, déi et geschriwwen huet, an där et sech kloer ëm d'Evenementer aus der Vergaangenheet handelt, fir hien net vergiessen ze loossen wat hien him ugedoen huet. Um Schluss wëllen déi Zweek mam Hack op d'Belle-Île fueren, ob dat passéiert gëtt een awer net gewuer. Dofir stellt sech d'Fro: Gëtt et iwwerhaupt eng Belle-Île ? Oder ass dës Insel hei just eng Metapher, eng Projektioun, e Wonschdenken fir hir Onzoulänglechkeet am Liewe besser ze meeschteren?

Dem Franziska Schöbler no gëtt an engem analyteschen Drama d'Vergaangenheet no a no opgedéckt, wat a *Belle-Île* genoe esou geschitt. D'Konflikter gi vun Ufank un ugedäit, mä se gi réicht kuerz viru Schluss vum Stéck opgeléist: et ass net z'iwwersinn, dass tëscht dem Nicolette an dem Jimm eppes schlëmme virgefall ass, mä eng drëtt Figur, den Hack, ass néideg fir dass dee Konflikt un d'Liicht kënnt.

3.2. Fënsterdall

D'Figurekonstellatioun am *Fënsterdall* gesäit esou aus: De Jean an d'Janine, eng Koppel, si mat hire Mountain-Bikes ënnerwee a geroden an e Wieder. Fir sech virum Reen ze schützen, stelle se sech ënnerdaach. Aus enger Brak héieren se Musek a gi ran. Dobanne befënnt sech d'Jeanne, si schwätzt direkt mam Jean, wéi wa si hie géing kennen, mä nennt e Pierre, wat zu enger Onsécherheet féiert ob sech de Jean an d'Jeanne kennen oder net.

D'Jeanne ass eng al a verkomme Sängerin, déi am Fënsterdall, e Naturschutzgebeit an der Gemeng Béiwen-Attert, leeft. Si schénkt en Alkoholsproblem ze hunn. Den Erfolleg läit wäit an der Vergaangenheet an och an der Léift schénkt et ni wierklech geklappt ze hunn: „Ech hunn en op d'Schëff geschéckt“³³, „Mech huet hie scho futti gemaach.“³⁴ an „Mutterséilen eleng sinn ech. All hu se mech am Stéch gelooss. Ech fäerten...“³⁵ sinn alles Aussoen, déi dat ënnersträichen. Besonnesch dat „ech fäerten“ weist, dass eng Angscht do ass alleng ze stierwen. Si schénkt fréier eng Bezéiung mam Jean gehat ze hunn, mä hie war deemools net prett fir sech ze bestueden, wat

³³ Greisch, Pol (2008) : *Fënsterdall*. Déifferdang: éditions phi S. 11

³⁴ Ibid., 33.

³⁵ Ibid., 21.

bei dëser Ausso kloer gëtt: „Da bass d'endlech sou wäit“³⁶, dee Moment an deem si gesäit, dass d'Janine seng Fra ass. Hir Konflikter, déi si ënnerlech mat sech féiert, sinn d'Verlaangeren no Léift an Zweesamkeet an och d'Verlaangeren nom Doud. Duerch si kënnt et nach zu enger anerer Konfrontatioun an zwar déi tëschent dem Jean a Janine.

De Jean an d'Janine sinn eng Koppel, déi awer schonn eng Zäitchen net méi glécklech matenee sinn. Zousätzlech huet d'Janine Vertrauensproblemer an de Jean intresséiert sech nëmme fir sech selwer. Wou d'Janine elo och nach héiert, dass de Jean eppes soll mam Jeanne gehat hunn, bréngt dat d'Faass zum iwwerlafen. An hirem „conflict interpersonnel“ geet et dofir ëm hir Bezéiung, déi net méi klappt. Am Ufank sinn et méi iwwerflächlech Aussoen, déi weisen, dass d'Janine sech vernoléisseg fillt: „Säi Vëlo ass säin Alles“³⁷. Hatt ass esou onzefridden, dass et dee Moment sech esouguer wëll vum Jean trennen: „Ech *sinn* deng Mod net méi: mierk der dat! Vill ze laang wor ech deng Mod! [...] Klamm op däi Vëlo a reess! Defouléier dech!“³⁸ Hatt ass soumat den „Agressor“ vum Konflikt, hatt wëll sech lassrappen a seet fir d'éischte Kéier wat et wierklech denkt: „Hien ass en Tyrann. En tyrannischen Egoist. All fräie Moment muss ech mat him op de Vëlo. Ob ech Loscht hunn oder net. Dat zielt net. Hien huet Loscht. [...] Ech ginn net gefrot. Ni ginn ech gefrot.“³⁹ Hei mécht et däitlech wéi wéineg hien nom Janine senge Besoine kuckt an alles just sou soll goen wéi hien et gärén hätt. Duerch d'Jeanne fänkt hatt un alles rauszeloossen wat et fillt, dee Moment wou si schléift spruddelt alles aus him eraus: „Ech muss et lass ginn. *Engem* muss ech et dach kënne soen son...“⁴⁰ Dëst weisst, wéi dringend hatt e Gesprächspartner brauch, well de Jean ni op hatt ageet. Wat hatt och kuerz dorobber zum Jean seet: „Ni schwätze mer driwwer. Well mer iwwerhaupt net schwätzen mateneen.“⁴¹ Hei ginn hir Kommunikatiounsproblemer direkt ugeschwat a wéi z'erwaarden wäischt de Jean dem Janine sengen Uschëllegungen aus mat Sätz, wéi zum Beispill: „Du schwätz jo.“⁴². Schlussendlech gëtt hien zou, dass en d'Jeanne kennt, léisst awer alles esou vague wéi méiglech. Hei kënnt awer

³⁶ Ibid., 43.

³⁷ Ibid., 26.

³⁸ Ibid., 24.

³⁹ Ibid., 30.

⁴⁰ Ibid., 35.

⁴¹ Ibid., 36.

⁴² Ibid., 37.

och nach un d'Liicht, dass de Jean sech net vum Janine verstane fillt, wat hien dee Moment zum „Agressor“ mécht: „Kee Gefill fir e Mann hues de [...]. E Mann dee brauch [...] en Echo [...] eng Upak.“⁴³ Duerch d'Jeanne versti se allenzwee, dass hir Bezéiung net méi klappt an dass se allenzwee no eppes anerem verlaangeren, wéi dat wat hire Partner hinne bidde kann. Wann d'Jeanne dann um Schluss stierft gëtt déi Dräi-Figuren-Konstellatioun net gebrach, well dee Moment de John optaucht, d'Brak an där d'Jeanne gewunnt huet soll ofgerappt ginn. De Jean rífft d'Janine fir dass hatt soll kommen, hatt zéckt awer, an ob et schlussendlech mat him geet oder net bleift oppen.

Am *Fënsterdall* kann een dat wat bei *Belle-Île* gesot gouf widderhuelen, well och hei komme no a no Evenementer aus der Vergaangenheet un d'Liicht a soumatt och d'Konflikter: dem Jean seng fréier Bezéiung mam Jeanne, d'Erkenntnis, dass d'Bezéiung mam Janine net méi klappt an den ongebrachene Wonsch no Zweesamkeet, sinn alles Saachen, déi net vun Ufank u kloer gesot ginn, mä réicht um Schluss opgedeckt ginn. Dofir handelt sech och an dësem Stéck vum Greisch ëm en analytescht Drama.

3.3. Léiwe Kleeschen

Am *Léiwe Kleeschen* gesäit déi Dräi-Figuren-Konstellatioun folgendermoossen aus: d'Arlette eng jonk Fra, hire Frënd de Francis an den Änder, en eeleren Här. D'Arlette an den Änder léiere sech kennen, well hatt hien mam Auto ugestouss huet, mä nëmme mat minimaler Vitesse, viru sengem Appartementshaus. Hatt invitéiert den Änder awer mat erop an d'Wunneng fir sécher ze goen, dass alles an der Rei ass. Aus schlechtem Gewëssen eraus freet d'Arlette den Änder ob hien nach ebëssen wëll bleiwen an zesummen e Cognac ze drénken. Vun engem Moment op deen aneren ännert sech säi Verhalen awer: „*Hatt lauschtert..., kuckt nees op d'Auer, gët opeemol ganz onroueg*“⁴⁴ an seet dann zum Änder: „Gitt elo léiwer. Dir hutt schon eng besser Minn.“⁴⁵. De Grond dofir ass de Francis e „grousse graffe Käre, nach jonk, ma eng

⁴³ Ibid., 41.

⁴⁴ Greisch, Pol (1997) : *Léiwe Kleeschen*. Déifferdang: éditions phi S.14

⁴⁵ Ibid., 14.

verliefte, versoffe Fisleminn.“⁴⁶, dee kuerz nodeems den Änder gaangen ass erakënnt. Et stellt sech séier eraus, dass hien en Alkohols- a Vertrauensproblem huet. Déi zwee Problemer féieren zu Gewaltausbréch vis à vis vum Arlette: nodeems hatt dem Francis erkläert firwat zwee Cognacsglieser an der Kiche stoungen, gleeft hien him net a „*klaakt him eng fatzeg op de Bak*“⁴⁷. Am Ganzen schléit hien hatt dräimol fir d‘„Wourecht“ aus him erausgeschloen ze kréien. Et kann een dofir festhalen, dass hien d’Arlette duerch Gewalt an Aschüchterung bei sech hält. Zousätzlech zu sengem Alkoholsproblem kënnt dobäi, dass hien Heroinsüchteg ass: „Bréng de Gummi mat! [...] de Rimm an d’Noll!“⁴⁸. D’Arlette probéiert nach hien dovunner ofzebréngen, mä soubal hien net dat vun him kritt wat e wëll dréit hien him Gewalt un: „Meng Schéiss a mäi Schnéi! Géff se, soss klaakt et!“⁴⁹. Mä net nëmmen beim Arlette behélt e sech ausfalend: deen nächste Dag steet den Änder, mat engem Bouquet Blumen, virun der Dier, éier hie weess wéi et ëm geschitt huet de Francis aus him e „Butler“ gemaach. Hie commendéiert den Änder ronderëm: stellt hien un fir hien ze kachen an ëm Béier ze bréngen. Den Héichpunkt vu sengem onméigleche Verhalen ass awer deen, wou hien dem Änder Suen aus sengem Portemonnaie hëlt.

An deenen zwee éischten Akten stoung de Francis mat senger Gewaltausbréch, sengem iwwerdriwwenen Alkoholkonsum a senger Heroinsucht am Mëttelpunkt. Mä d’Ursaache vu senger Problemer leie méi déif a genee déi gi vum Arlette am drëtten Akt un d’Licht bruecht. Dee Moment, wou hatt dem Änder alles iwwert hir Liewenssituatioun erzielt, ginn och dem Francis seng ënnerlech Konflikter erwähnt. Hatt erzielt, dass de Camille, e Kolleeg vum Francis, ee schlechten Afloss fir hien war, an hien op déi falsch Schinn bruecht huet: „De Camille war deen Uergsten: e Bëlles. Deen huet de Francis verduerwen.“⁵⁰. Dat huet dann och dozou geféiert, dass hie seng Aarbecht verluer huet: „Am Atelier wär hien erwëscht ginn...mat schaarfe Saachen. A verbuedener. – Do faxen ech net! sot de Fred.“⁵¹. Säin ënnere Konflikt ass also deen, dass säi Liewe komplett aus de Rudere gefuer ass säitdem hie keng Aarbecht méi huet. Dat eenzeg wat him bleift ass d’Arlette an aus der Mëschung

⁴⁶ Ibid.

⁴⁷ Ibid., 17.

⁴⁸ Ibid., 28.

⁴⁹ Ibid., 29.

⁵⁰ Ibid., 68.

⁵¹ Ibid., 69.

vun Alkohol, Drogen an Angscht eraus hatt ze verléieren, probéiert hien hatt mat Gewalt an Ënnerdréckung bei sech ze halen.

Dem Arlette säi Konflikt mat sech selwer ass d'Angscht. Net d'Angscht de Francis ze verléiere, mä d'Angscht ganz alleng dozestoen wann hatt hien verléisst an d'Angscht virum Francis senger Reaktioun. De Fakt, dass hatt sech selwer op Cassette ophëlt weisst, dass et endlech wëll gehéiert ginn an awer och, dass et de Francis esou fäert, dass et sech net aneschtens traut:

„...natierlech hätt ech der et riicht an d'Gesicht kënne son. Mä dann häss de mech nees geschlon. An ech fäerten d'Streech ewell wi d'Feier. Soss hun ech op d'Zänn gebass an ech hu mer gesot: du hëllef him an da geet et besser, lues a lues [...]. D'Streech hu mech haart gemaach. Awer opeemol as eppes gebrach bei mer, hei bannendran [...].“⁵²

Hatt lauschtert sech seng Cassette un, wat weisst, dass hatt sech bis elo nach net getraut huet dat duerchzezéien. Et hänkt an enger Situatioun fest an et weess kee richtegen Auswee. Hatt fënnt mam Änder endlech e Gespréichspartner, deem him nolauschtert, wouduerch och dee richtege Grond un d'Liicht kënnt firwat hatt de Francis net verléisst: Hatt huet soss keen a sengem Liewen, seng Eltere wëlle näischt méi vun ëm wëssen well hatt deemools seng Schoul ofgebrach huet fir mam Francis zesummen ze sinn: „– Du méchs deng Schoul fäerdeg! sot mäi Papp. Ech hat mäi Kapp a si mam Francis gaang. Doheem war d'Dir zou.“⁵³.

D'Arlette huet seng Famill a seng Educatioun opginn fir mam Francis glécklech ze sinn. Dat Gléck huet net laang ugehalen, wéi hat preziséiert: „Mir ware geckeg vu Freed. D'Fréijor. An e laange Summer... Dun as d'Wieder ëmgeschlon.“⁵⁴ Duerno ass alles biergof gaangen, nodeems de Francis un déi falsch Leit geroden ass an doduerch seng Aarbecht verluer huet. Dat ass „véier Jor... bal fënnef“⁵⁵ hier an d'Arlette hat bis dohinn net de Courage aus där Situatioun ze flüchten.

Wourëms geet et also am Arlette a Francis hirem Konflikt, elo wou ee weess wat an hirem Ënneren virgeet: de Francis ass an dësem Stéck den „Agressor“, an an dësem

⁵² Ibid., 51.

⁵³ Ibid., 67.

⁵⁴ Ibid.

⁵⁵ Ibid., 69.

Fall ass hien och eng Figur, déi déi aner Figuren ugräift, physesch wéi psychesch, a net mat Rou léisst, bis e kritt wat e wëll. Hie schüchtert d'Arlette an den Änder esou dermoossen an, dass hinne näischt aneres iwwereg bleift wéi him ze „follegen“. Esou kann a konnt och ni eng uerdentlech Kommunikatioun zu stane kommen, well de Francis dës entweder mat Gewalt oder mat aggressiven Aussoen ënnerbonnen huet. Ouni d'Arlette huet hien guer näischt méi a wou hatt am leschten Akt schlussendlech all säi Mutt zesumme hält an mat der Ënnerstëtzung vum Änder de Francis verléisst, setzt hie sech de „gëllene Schoss“.

D'Arlette an den Änder hëllef sech géigesäiteg aus enger Situatioun eraus, déi Ufanks aussichtslos geschénkt huet. Net nëmmen d'Arlette, mä och den Änder huet en ënnere Konflikt, dee e mat sech dréit. Hien erzielt dem Arlette: „Laang hat ech d'Katrín. E Liewe laang. An du kut ech d'Pensioun. Esou vill nach hate mer äis virgeholl [...]. An du geet et... Wat maachen ech eleng op der Krim?“⁵⁶. Säin onerfëlltene Wonsch no Zweesamkeet huet hien dofir dozou verleet sech virun dem Arlette säin Auto ze „geheien“: „Dir stitt scho bal. An ech lafen Iech dran. Wi een dee fäert, sech wéi ze don.“⁵⁷ Dës weist, dass e sech wahrscheinlech net wierklech wollt oder getraut huet sech d'Liewen ze huelen, mä Opmierksamkeet vun engem Mënsch ze kréien. Hien kritt déi vum Arlette a verléift sech an hatt: „t geet eppes duerch mech: vun ënnen no uewen, net ze beschreiwen. Liicht. Wi Plaumen. Wi Päiperlécken [...]“⁵⁸. Déi Gefiller berouen awer net op Géigesäitegkeet, mä se bleiwe sech allenzwee eng Ënnerstëtzung.

Schlussendlech huet d'Arlette et gepackt de Francis ze verloossen, mä hatt huet och dem Änder neie Liewensmutter ginn an zesummen, wann och frëndschaftlech, losse si de Francis hannert sech zréck.

D'Fro ob *Léiwe Kleeschen* och zu der Kategorie vum analyteschen Drama ka mat engem Jo beäntwert ginn, well och hei d'Konflikter net direkt sichtbar sinn, mä lues a lues un d'Liicht kommen, a réicht wann d'Arlette sech dem Änder um Schluss uvertraut gesäit den Zuschauer déi ganz Problematik, zum Beispill weess ee vun Ufank un, dass de Francis en Alkohol-an Drogeproblem huet, mä d'Grënn ginn zum

⁵⁶ Ibid., 55.

⁵⁷ Ibid., 56.

⁵⁸ Ibid.

Schluss opgelëscht. D’Vergaangenheet gëtt soumatt schrëttweis zrëck an d’Géigewaaert gezunn, genee sou wéi am Ibsen senge Stécker.

3.4. Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder

D’Figurekonstellatiounen aus den dräi Stécker ginn hei eng Kéier kuerz verglach fir ze kucken op d’Dramen all ënnerschiddlech opgestallt sinn oder ob och Gemeinsamkeete bestinn a vir e kleng Resumé ze ginn.

Eng grouss Gemeinsamkeet, déi opfällt an déi dräi Stécker verbënnt ass, dass et sech all Kéiers ëm zwou Figuren handelt, déi sech ganz gutt kennen a mat villen Erënnerunge verbonne sinn, mä net mateneen kommunizéieren. Déi drëtt, friem Figur trëtt aus purem Zoufall an d’Liewen vun deenen zwee anere Personagen an ännert domadder alles. Si bréngt eng vun deenen anere Figuren dozou ze schwätzen an d’Konflikter opzedecken. An deenen dräi Stécker ass et all Kéiers e weibleche Personnage, deen dës Roll unhëlt an ufänkt ze kommunizéieren. Et kann ee soen, dass d’Figuren dësen Agrëff an hiert monotont an onglécklecht Liewen gebraucht hunn fir iwwert déi Saachen, déi virgefall sinn ze schwätzen oder se ze kommentéieren.

Ënnerscheeder ginn et besonnesch bei de Plaze, wou sech déi dräi Figuren ophalen: a *Belle-Île* spillt sech d’Stéck op enger neutraler Plaz of: e „*common meeting ground*“⁵⁹ wou kee bei sech Doheem ass. Domadder huet keen de Schutz vum Uert an deem e sech am wuelsten an och am sécherste spiere kann. Si sinn allen dräi net zefridden zu Equemauville a wëlle schlussendlech alleguer op d’Belle-Île well do alles besser soll sinn. Ob se ginn oder net bleift oppen an ass awer mat grousser Wahrscheinlechkeet nees en Ausbrochsversuch, deen net duerchgezu gëtt, well d’Konflikter sech net verännert hunn. Aneschtens gesäit et beim *Fësterdall* aus: de Jean an d’Janine siche Schutz an enger Brak wéint dem ville Reen. Genee déi Brak ass dem Jeanne säin Doheem: hei trauert hat sengem vergaangene Liewen hannendrun. D’Konstellatioun gesäit an dësem Fall esou aus, dass zwee Friemer an engem säin Doheem antrieden, wat dësem Personnage d’Iwwerhand gëtt. D’Jeanne weisst, wann och onbewosst, dem Janine a Jean, dass hir Bezéiung net méi funktionnéiert. Dofir kéint säin Doud um Schluss och d’Enn vun hirer Bezéiung

⁵⁹ Hebach, 43.

symboliséieren, well et bleift oppen ob sech d'Janine sech dofir oder dogéint decidéiert fir mam Jean an de Nepal ze fueren. Am *Léiwe Kleeschen* gesäit et erëm aaneschters aus: déi friem Figur hält sech an der Wunneng vun der Koppel op. Domadder trëtt den Änder an de private Raum vun enger Bezéiung, iwwert där eng däischter Wollek, gefëllt mat Drogeprobleemer a Gewalt, steet. De Francis füllt sech dofir och ëmsou méi staark, well hie bei sech doheem ass an do a sengen Ae maache ka wat e wëll. Fir d'Arlette, wat dem Francis an dëser Wunneng komplett ënnerworf ass, füllt sech net wuel an deem Raum, wat eigentlech säin Doheem sollt sinn an huet och scho méi wéi eng Kéier probéiert do auszebriechen. De Fakt, dass et seet „Doheem war d'Dir zou“⁶⁰ weisst, dass säi richtegt Doheem bei sengen Elteren ass, an ni beim Francis war. Den Änder packt et hatt aus där Wunneng erauszehuelen, wat weisst, dass d'Figurekonstellatioun ëmgestallt gëtt: zwou Figuren, déi sech Ufanks friem waren, verloossen elo zesummen, wann och frëndschaftlech, dee Raum, wou d'Arlette jorelaang misshandelt an ënnerdréckt gouf. Wouropshinn et fir de Francis keng aner Léisung gëtt, wéi sech d'Liewen ze huelen, well hien et alleng net packt.

Dës Dräi-Figure-Konstellatiounen hu grondleegend Saachen gemeinsam, mä de Raum an deem se sech ophalen variéiert an all Stéck. D'Konflikter weisen Ähnlechkeeten op, besonnesch bei *Belle-Île* a *Fënsterdall*, mä am groussen Ganzen huet all Stéck hir eege Problematik an all Figur geet aneschters mat de Konflikter ëm. All dës Konflikter sinn duerch Kommunikatiounsstéierungen ëmsou méi erschwéiert ginn, wat dat fir Stéierungen sinn, wéi se opkommen an op et eng Léisung gëtt, gëtt am nächste Kapitel ausfëherlech erkläert.

4. D'Kommunikatiounsstéierungen

Bis wéini kann ee vun enger Kommunikatioun schwätzen, déi funktionnéiert a wéini gëlt dës als gestéiert? Eng einfach Äntwert gëtt et dorobber net, dofir ginn an dësem Kapitel verschidden Aspekter duerchgeholl firwat Stéierungen an engem Gespräch kënnen optrieden. D'Marrion Hebach erkläert d'Stéierungen folgendermoossen:

„Störungen sind an verschiedenen Symptomen erkennbar: das Durchbrechen des Prinzips der Sukzession durch simultanes Sprechen; als umgekehrtes Verfahren die

⁶⁰ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 67.

„Dehnung“ der Sukzession durch Pausen und Schweigen; Stichomythie; mangelnde Bezugnahme der Repliken aufeinander – dies alles können Hinweise auf das Versagen der Kommunikation zwischen Individuen sein.“⁶¹

D’Erklärung vun der „Dehnung“ ass genee dat wat am Pol Greisch senge Stécker erausstécht a wat domadder e groussen Deel vun de Kommunikatiounsstéierungen ausmécht. Am Kapitel vum sproochlechen Aspekt gëtt dat detailléiert ënnert d’Lupp geholl, duergestallt an anayliséiert. Virdrun gëtt sech awer fir d’éischt op den interaktiven Aspekt fokuséiert, deen op dem Reinhard Fielers an dem Marion Hebach hire Modell baséiert ass.

D’Marion Hebach definéiert an engem Saz, wéi Kommunikatioun soll ausgesinn: „Durch den wechselseitigen Austausch von Gedanken, Meinungen, Wissen, Erfahrungen, und Gefühlen sowie durch die Übertragung von Nachrichten und Informationen mit Hilfe von Zeichen aller Art werden soziale Einheiten gebildet.“⁶² Alles wat si do opzielt, si Saachen, déi am Greisch senge Stécker net wierklech funktionnéieren: Probleemer Gefiller auszudrécken, seng Meenung ze soen an am allgemengen den Austausch vu Gedanken gëtt ëmmer an irgendenger Form blockéiert. Sierf et mat Pausen, mat engem Net-äntwerten oder e Net-dropagoen vun Aussoen. Dës weidere geet si besonnesch op d’Net-schwätzen an:

„Ein Schweigen, das der Vermeidung von menschlichem Kontakt dient, ist Hinweis auf mangelnde Bereitschaft zu kommunizieren. Natürlich ist ein solches Schweigen nicht ohne Bedeutung. Voraussetzung für funktionierende Kommunikation ist aber nicht nur, dass Zeichen Bedeutung haben, sondern dass ein Austausch zwischen Kommunikationspartnern stattfindet, und dieser ist nicht gegeben, wenn einer von beiden die Teilnahme daran verweigert. Zum Akt der Kommunikation gehört nicht nur der Sender, sondern auch der Empfänger.“⁶³

Den Austosch téschent de Kommunikatiounspartneren ass ausschlaggebend fir dass d’Kommunikatioun iwwerhaupt ka funktionnéieren. Wann dat net de Fall ass, wann zum Beispill den Empfänger vum Message oder der Ausso net reagiert, kënnt et zu enger Kommunikatiounsstéierung a bréngt eis doropshinn bei de sproochlechen Aspekt vun de Stéierungen. Bei dësem Aspekt erkläert d’Marion Hebach, dass „Eine

⁶¹ Hebach, 37.

⁶² Ibid., 38.

⁶³ Ibid., 39.

Störung tritt dann auf, wenn bei der Produktion von Äußerungen das Codieren und bei der Rezeption das Decodieren nicht funktionieren.“⁶⁴ An anere Wieder heescht dat, dass wann de Sender e Message schéckt, huet deen e gewëssene Code, deen den Empfänger verstoe soll, wann dësen dat awer refuséiert oder ignoréiert, kann de Message net decodéiert ginn. Si hält fest, dass „Kommunikationsstörungen werden allzu schnell auf die Sprache als unzulängliches Verständigungsmittel geschoben.“⁶⁵ Genee dowéinst gëtt net nëmmen de sproochlechen Aspekt analyséiert, mä och den interaktiven Aspekt, fir déi gestéiert Kommunikatioun méi vollstänneg kënnen ze beschreiwen an duerstellen.

Et gëtt awer ëmmer eng Léisung zu dëser Problematik vun der Kommunikatioun, well d'„Kommunikationsteilnehmer verfügen selbst über ein effizientes Kategoriensystem zur Problemtypisierung und über ein geeignetes Verhaltensrepertoire zur Problemlösung.“⁶⁶ Et steet an der Muecht vun de Figuren ob si de Message decodéiere wëllen oder net, respektiv ob op dat wat gesot gouf reagéiert gëtt oder net. Ob et zu enger Verstännegung kënnt tëschent de Figuren gëtt um Schluss vun dësem Kapitel opgedeckt.

4.1. D'Interaktioun – eng sozio-psychologesch Perspektiv

An dësem Kapitel gëtt d'Interaktioun tëschent dem Sender an dem Empfänger als Bestanddeel vum Kommunikatiounssystem ënnert d'Lupp geholl. Eng Interaktioun ass dem Marion Hebach no „das Aufeinander-Angewiesen-Sein, das Miteinander-Agieren, also den *stimulus*- und *response*-Charakter jeder Mitteilung.“⁶⁷ Wann et zu Stéierungen an enger Interaktioun kënnt erkläert de Reinhard Fieler, dass

„Verständigungsprobleme und Kommunikationsstörungen ein *interaktives* Phänomen sind, sie entstehen im Gespräch. Ihre Verursachung kann dabei [...] dominant dem Sprecher zugeschrieben werden (Ich/er konnte mich/sich nicht verständlich machen.) oder dem Hörer (Ich/er konnte mich/sich nicht verstehen.)“⁶⁸

⁶⁴ Ibid., 37.

⁶⁵ Ibid., 38.

⁶⁶ Ibid., 41.

⁶⁷ Ibid.

⁶⁸ Fiehler, Reinhard. (2002): *Verständigungsprobleme und gestörte Kommunikation*. Radolfzell: Verlag der Gesprächsforschung S. 8

D'Stéierungen können also vun deem dee schwätzt aus kommen oder vun deem deen de Message soll kréien. D'Stéierungen bei der Interaktioun kann een awer nach weider auserneenhuelen, fir nach méi eng detailléiert Analys ze kréien: Stéierungen bei der Kontaktopnam, um Gebitt vum Inhalts-a Bezéiungsaspekt a bei der komplementärer a symmetrescher Interaktioun. Déi dräi Punkten gi jeweils erkläert a mat Beispiller aus den dräi Stécker ënnermauert.

4.1.1. D'Kontaktopnam

De Begrëff vum soziale Kontakt ass als éischt vum Ervin Goffman definéiert ginn:

„Zu Kontakten im weitesten Sinne kommt es, wenn Individuen sich gleichzeitig aneinander wenden und wenn dies von ihnen gleichzeitig erkannt wird und erkannt wird, daß es erkannt wird. Zu den Charakteristika des sozialen Kontakts gehört die Orientierung von Angesicht zu Angesicht, ferner der Umstand, daß der Kontakt Bestandteil von etwas Komplexerem, nämlich einer sozialen Begegnung ist, die einen Austausch von Wörtern oder anderen Erkennungsritualen und die Bestätigung wechselseitiger Partizipation an einer offenen Gesprächssituation impliziert.“⁶⁹

Genée dës wiesselsäiteg Partizipatioun ass dat wat d'Kommunikatioun ausmécht, mä wann dat net de Fall ass ka kee richtege Kontakt tëschent deene Personnage opgebaut ginn. D'Kontaktopnam ass da problematesch, wann nëmmen eng Figur de Kontakt sicht an déi aner ëmmer erëm versicht hir aus dem Wee ze goen.

Bei *Belle-Île* fänkt et am éischten Akt mat souenger problematescher Kontaktopnam un: d'Nicolette beschwéiert sech driwwer, dass se ze spéit u sinn an d'Sonn schon ënnergeet, well de Jimm ze laang op der Toilette verbruecht huet. Hatt stellt him eng Fro op déi hien guer net äntwerte kann, well hatt direkt weider schwätzt:

Nicolette: Nëmme bis elier dierf hie fueren, den Aimé. Oder bis eluer. Sees de him dat? Vergiess et net. 't geet schëtzeg dorower. Den Aimé gesäit keng Gefor. Hien ass dacks net bei der Saach.

Jimm: Waasser.

Nicolette: D'Mier: et ass um Kommen.

Jimm: Duschtereg

⁶⁹ Goffman, Erving. (1979): *Der bestätigende Austausch*. An: Manfred Auwärter et. al. (eds.), Seminar: Kommunikation, Interaktion, Identität. Frankfurt am Main: Suhrkamp Verlag

Nicolette: Waart nach bëssen. Soss packs d'et net bis heem. Soss geet et nees an d'Box.⁷⁰

Hei gesäit ee kloer, dass de Jimm d'Kontaktopnam verweigert, hien ignoréiert dem Nicolette seng Fro an äussert de Besoin, dass hie Waasser brauch. Op déi Ausso geet d'Nicolette net an a schwätzt iwwert dat wat et gesäit: d'Mier, wat um Kommen ass. Doropshinn start de Jimm e neie Versuch sech matzedeelen, wou hatt dann och schlussendlech drop reagéiert, mä him de Wonsch eppes kënnen ze drénken ze kréien net erfëllt. Dëse klengen Ausschnëtt weisst wien d'Iwwerhand huet: d'Nicolette decidéiert wéini de Jimm eppes ze drénke kritt a wéini net an de Jimm muss sech deem fügen. Hatt fänkt un him virzeliesen: an dëser „Geschicht“ geet et ëm seng Kandheet, mä et mierkt séier, dass de Jimm net oppasst:

N: Du bass net konzentréiert. Ech gesinn der et of. Fir konzentréiert ze sinn, muss d'op den Horizont kucken. Du stuerks an däi Schouss. Pour cause! Do ass net vill méi ze kucken, mäi léiwen Alen.

J: Gëff dech!

Mam „Gëff dech!“ weisst hien de neie Versuch vun der Kontaktopnam vu sech of. Hie wëll, dass d'Nicolette ophält iwwert d'Vergaangenheet an d'Undeitung op seng Mësshandlungen ze maachen. All Kéiers wann de Konflikt, deem déi zwee mateneen hunn vum Nicolette ob irgendeng Aart a Weis erwähnt gëtt, blockt de Jimm d'Gespréich of: hien äntwert ëmmer mat engem „Gëff dech!“, wéi och an dësem Beispill:

Nicolette: Et ass net fir mech. Ech *schreiwe* léiwer. Et ass fir dech. Du hues et déck néideg. Soss verkënns de. Seet den Dokter. Eierlech: Du verkënns souwisou. Just datt s de heibleifs. Datt ech dech gelueden hunn.

Jimm: Gëff dech!

Nicolette: *jäitzt*: Wéini ass et endlech u mir?⁷¹

Hatt schwätzt net nëmmen d'Vergaangenheet un, mä et gräift hien och perséinlech un, hatt hält him säi Schicksal virun Aen, wat hien a sengen Aen och méi wéi verdéngt huet a widderhëlt ëmmer erëm wat hien fir eng Laascht fir hatt ass. De Jimm hält all déi Aussoen, déi verbal Torturen, net un. D'Rolle sinn an dësem Akt kloer verdeelt: d'Nicolette gräift de Jimm ëmmer erëm mat Wieder un an duersch

⁷⁰ Greisch, *Belle-Île*, S: 9.

⁷¹ Ibid., 14.

dem Jimm säi Handikap an Alter kann hien sech och just nach mat Wierder „wieren“. Déi Wierder hëllef en awer näischt, well d’Nicolette fiert virun: „Wéini ass et endlech u mir?“ „Wat hues de géint den Aimé?“⁷² Hei gëtt seng Onzefriddenheet mat der Situatioun däitlech an och dorobber kritt an och dorobber kritt hatt vum Jimm keng Äntwert, wat d’Nicolette dozou verleet ëmmer weider ze schwätzen, bis et beim Jimm „senger schappeger Pensoun“ ukënnt a sech beschwéiert, dass se dowéinsters a kengem besseren Hotel konnte residéieren. Duerch dësen Themewissel, eweg vun der Vergaangenheet, fänkt de Jimm u mat schwätzen. Déi éischte Kéier an dësem Akt seet hie méi wéi zwee Wierder: „Dräi Stären. A keen um Himmel. Mol keng Stroosseluucht wäit a breet. Do brauche se sech net ze bretzen, déi Equemaouviller.“⁷³

Dëst weisst, dass d’Kontaktopnam tëscht dem Nicolette an dem Jimm nëmme gléckt, wa se näischt mat hirem Konflikt ze dinn huet. Dësweidert weisst dës Ausso, dass hien d’Vakanzenzil net selwer ausgesicht huet, mä léiwer op Emmenmatt gefuer wier: „Zu Emmenmatt fënns de keen däischteren Eck [...]“⁷⁴ Wat an dësem Akt kloer gemaach gouf, ass dass de Jimm näischt méi ze soen huet, keng Decisiounen treffen dierf a seng Wësch net respektéiert a net wouergeholl ginn.

Am drëtten Akt trifft en Jogger, den Hack, op de Jimm, deen alleng do setzt a vru sech stuerkt. D’Marion Hebach bemierkt, dass „die Kontaktaufnahme zwischen Fremden problematisch ist, wenn nur einer von beiden sie anstrebt, der andere sie aber zu vermeiden sucht.“⁷⁵ Dëst ass genee de Fall bei der Kontaktopnam, déi den Hack probéiert z’initiéieren: „Bonjour!“⁷⁶. De Jimm bekuckt hien vun uewe bis ënnen „ouni soss ze reagéieren.“⁷⁷ Wat undeit, dass hien u kengem Gespräch interesséiert ass. Den Hack gëtt awer net op a stellt eng Fro: „Fait beau, hein?“⁷⁸ Op déi Fro an op déi, déi den Hack nach duerno stellt: „Magnifique... cette vue, n’est-ce pas!? Unique!“⁷⁹, kritt hien keng Äntwert. D’Marion Hebach erkläert, dass „Schweigen soll Kommunikation verhindern: Es signalisiert seinen Unwillen, mit

⁷² Ibid., 15.

⁷³ Ibid., 16.

⁷⁴ Ibid., 16.

⁷⁵ Ibid., 42.

⁷⁶ Ibid., 25.

⁷⁷ Ibid.

⁷⁸ Ibid.

⁷⁹ Ibid.

dem anderen in Kontakt zu treten.“⁸⁰ Obwuel de Jimm deen „Unwillen“ méi wéi kloer gemaach huet, versicht den Hack et mat enger drëtter Fro: „Vous êtes seul?“⁸¹ A genee op déi do äntwert hie mat: „Comme vous voyez.“⁸² a seet direkt nach hannendrun: „Moi j’aime mieux Emmenmatt.“⁸³, woumadder och déi Fro, déi den Hack virdrun gestallt huet aus dem Wee geraumt wier. Dem Hack seng vill Froen schéngen et fir de Jimm onméiglech gemaach ze hunn fir hie weider z’ignoréieren. Wann dat bei der Kontaktopnam de Fall ass, bleiwen engem, dem Marion Hebach no , zwou aner Optioune iwwreg:

„[...]die der Annahme der Unterhaltung und die der Entwertung. Letztere besteht darin, die eigenen Aussagen oder die des anderen durch absichtliches Missverstehen, Widersprüchlichkeiten, unvollständige Sätze, abrupten Themenwechsel, das Wörtlichnehmen von Metaphern, die metaphorische Auslegung konkret gemeinter Bemerkungen u.a. einer klaren Bedeutung zu berauben. Resultat ist ein unverständliches Kauderwelsch, das den Angesprochenen davon abhält sich festzulegen.“⁸⁴

An dësem Fall huet de Jimm d’Kontaktopnam ugeholl a kënnt mam Hack an e Gespréich an deem hien sech net permanent Saachen aus der Vergaangenheet ullauchteren muss, fir déi hie verantwortlech ass. Et schéngt dem Jimm gutt ze doe, fir mat engem ze schwätzen, deen näischt iwwert seng Vergaangenheet weess. Hien huet d’Versich vun der Kontaktopnam vum Nicolette am éischten Akt nämlech all Kéiers probéiert ze entwerten: keng voll Satz huet e gesot an ëmmer op en anert Thema, säin Duuscht gelenkt.

D’Kontaktopnam tëschent dem Nicolette an dem Hack schéngt ouni Problem verlaf ze sinn, well am véierten Akt joggen déi Zweek zesummen op de Point de vue, wat implizéiert, dass si sech duerch de Jimm kennegeléiert hunn a gutt genuch verstinn fir zesumme lafen ze goen. Dofir kann ee festhalen, dass d’Kontaktopnam am *Belle-Île* nëmme schwierig ass wann et sech ëm Figuren handelt, déi e Konflikt mateneen hunn a fir Ufanks op eng friem Persoun anzegoen.

⁸⁰ Hebach, 42.

⁸¹ Greisch, 25.

⁸² Ibid.

⁸³ Ibid.

⁸⁴ Hebach, 42.

Am *Fënsterdall* verleeft d’Kontaktopnam e bëssen anescht, mä dofir awer och problematesch. Déi dräi Figuren si vun Ufank un beieneen, an awer gëlt dem Jeanne säin éischte Versuch vun der Kontaktopnam dem Jean alleng: „Wou waars d’esou laang?“⁸⁵ Eng ongewéinlech Fro, well esou Froen normalerweis un eng Persoun gestallt ginn, déi ee kennt an op déi ee waart. Op déi Fro gëtt net reagiert. Doropshinn geet d’Jeanne bei d’Viichtdier a späert se zou. Si weisst op d’Dier a freet: „Hutt dir Lächer doheem!“⁸⁶ Dem Jean seng Reaktioun dorobber ass méi wéi verständlech, hie seet „Pardon.“⁸⁷, wat weisst, dass hien absolut net weess ëm wat et geet an dofir d’Fro net beäntwert kann. Elo widderhëlt d’Jeanne seng éischt Fro nach eng Kéier: „Wou waars d’esou laang?“⁸⁸ De Fakt, dass si op déi Fro insistéiert weisst, dass si dës Fro eescht mengt an op eng Äntwert pocht. De Jean versteet dat net, well si sech net kennen a widderhëlt dofir och nach eng Kéier säi „Pardon?“⁸⁹. Säi Net-Verstoen gëtt mat engem Fragezeesche verstärkt, wat den Tounfallverännert a weisst, dass hie keng Ahnung huet wat an dësem Moment geschitt. Dat ganz hëlleft awer näischt, d’Jeanne fiert weider a schwätzt mam Jean wéi wa si sech gutt géife kennen an e Rendez-vous ausgemaach hätten: „Schéin dass de mech siche kënns. Um siwe muss ech an der Paterskierch sinn. Wéi spéit ass et?“⁹⁰ Dem Jean säin „Entschëllegt...“⁹¹ gëtt direkt vum Jeanne ënnerbrach, well si op d’Janine opmierksam ginn ass: „A wie si mir?“⁹² a freet de Jean doropshinn: „Wou hues de dat do dann opgelammelt?“⁹³ Duerch dës perséinlech Froe ka keng richtig Kommunikatioun opkommen, well den Empfänger vun dëse Froen net weess ëm wat et geet, a selwer versicht eppes matzedeelen, wat vum Jeanne awer ëmmer erëm ënnerbrach gëtt. Si schwätzt esou iwwerzeegend doriwwer, dass si an de Jean sech wierklech kennen, dass den Zuschauer kann ufänken ze zweifelen ob si sech kennen oder net:

„Kenns de mech net méi? D’Jeanne. Däi Jeanne. D’Jeanne vu Miersch. Aus der Dekanatskierch. Oder war et zu Munneref? D’Mass vum Verdi? Du hues fir mech

⁸⁵ Greisch, *Fënsterdall*, S:7.

⁸⁶ Ibid.

⁸⁷ Ibid.

⁸⁸ Ibid., 8.

⁸⁹ Ibid.

⁹⁰ Ibid.

⁹¹ Ibid.

⁹² Ibid.

⁹³ Ibid.

geziddert, grouse Jong. Geziddert hues de! En Gentleman ... deemools ... Mäin Auto
ass vreckt; d'Batterie platt. Hëls de mech mat?⁹⁴

Dem Jean seng Äntwert: „Mir wollte froen...ob mer net ...ob mer ons vläicht... 't wor
net gespaart...“⁹⁵ weisst, dass hien, dem Marion Hebach senger Theorie no, dëse
Versuch vun der Kontaktopnam entwert: hie wiesselt net nëmmen d'Thema, mä hie
schwätzt an onvollstännege Sätz. D'Jeanne wend sech un d'Janine: „Pass op! Hien
ass e Luussert. Mäi Frënd. Freier: fréiere Freier. E Liewe laang gefriën. An endlech
fënnt e mech. Am Fënsterdall. Wou och soss?“⁹⁶ Nach ëmmer geet weder de Jean
nach d'Janine op dës Aussoen a froen allenzwee, onbehollef, ob si kéinten an der
Brak bleiwen bis et ophält mat reenen: „...froo wollte mer – wann et Iech näischt
ausmécht – ob mer ...“⁹⁷ an d'Janine ënnerstëtzt déi net fäerdeggestallte Fro mat:
„Bis et ophält mam Reenen...“⁹⁸ Genée wéi virdrun sinn d'Sätz onvollstänneg an
entwerten d'Aussoe vum Jeanne. Schlussendlech ass et d'Jeanne, wat vun Ufank un
d'Kontaktopnam initiéiert huet, dat wat op dem Janine seng Ausso ageet a freet: „A
wou reent et?“⁹⁹. Mat dëser Fro ass d'Kommunikatioun hiergestallt.

D'Versich vun der Kontaktopnam vun de Personnage sinn an dësem Stéck direkt
am Ufank vum éischten Akt, well do déi dräi Figure gläichzäiteg openeen treffen a
vun deem Moment un, mat Ausnam vu kuerze Momenter, ëmmer zesummen an där
klenger Brak verbréngen. D'Jeanne schéngt eng Roll z'iwwerhuelen, déi déi aner
Figuren aschüchtert, mä well dës net wierklech op seng Aussoen aginn, gëtt si no.

E weidere Versuch vun der Kontaktopnam gëtt et tëschent dem Janine a Jean. Si
schwätze mateneen, mä dat wat se matenee schwätze si Freschheeten. Et ka keen e
normale Saz soen ouni, dass deen anere Personnage en ugräift, zum Beispill, wou de
Jean erzielt: „De Vëlo ass mäin Hobby.“¹⁰⁰, granzt d'Janine zrëck: „Da fuer mam
Tour de France, merde!“¹⁰¹ Dëst ass eng iwwerdriwwe Reaktioun op en harmlose
Saz fir en neutralen Zuschauer, mä beim Janine huet sech doduerch, dass si ni
wierklech matenee schwätzen opgestaut an dem Jean seng Äntwert drop: „Gëff

⁹⁴ Ibid.

⁹⁵ Ibid.

⁹⁶ Ibid.

⁹⁷ Ibid.

⁹⁸ Ibid.

⁹⁹ Ibid.

¹⁰⁰ Ibid., 31.

¹⁰¹ Ibid.

dech!“¹⁰² weiss, dass hien d’Kommunikatioun ofbrécht an net méi bereed ass mat him weider ze kommunizéieren. D’selwecht geet et och deen ëmgedréintene Wee: de Jean stellt „Well s de frigide bass, dofir. Eppes wéi eng Äisstaang.“¹⁰³ an de Raum, an deem Moment wou et drëms gee,t wéi et sexuell ëm hir Bezéiung steet. Eng Ausso, déi d’Janine mat „Hal op, wannechglift!“¹⁰⁴ kommentéiert. Hatt brécht d’Kontaktopnam direkt of, well et ëm en Thema geet wouriwwer hatt net schwätze wëll. Si driiwen dat Spill esouwäit bis et net méi geet a schlussendlech geléngt hinnen eng Kontaktopnam: nodeems hatt dem Jeanne, wat schéift, ufänkt z’erzielen wat hatt wierklech stéiert, kënnt de Jean eran an et kënnt zu där éischter richteger Kontaktopnam: „Firwat hues de mech geschloen?“¹⁰⁵ Wourobber hien eng kuerz an awer kloer Äntwert gëtt: „Well s de mech geextert hues.“¹⁰⁶ De Kontakt ass hiergestallt an hire Konflikt gëtt schlussendlech thematiséiert.

Déi éischt problematesch Kontaktopnam am *Léiwe Kleeschen* ass déi tëschent dem Arlette a Francis. Kuerz nodeems den Änder d’Wunneng verlooss huet kënnt de Francis eran, d’Arlette begréisst hie mat: „Hei Francis, bass du schon do?“¹⁰⁷ Déi iwwerflësseg Fro bei der Begréissung, mécht de Francis mësstrauesch: „Sin ech ze fréi?“¹⁰⁸ Hie begréisst hatt net zréck, mä akkuséiert d’Arlette indirekt: „Net fréi genuch?... Oder ze spéit?“¹⁰⁹ Dëst ënnersträischt säi Mangel u Vertrauen. Hie léisst d’Arlette mol net ausschwätzen, wann hatt mat „Ech....“¹¹⁰ usetzt fir z’erkläre wat virgefall ass. Hien ënnerbrécht hatt direkt andeems e „Béier.“¹¹¹ rífft. Fir hatt ass dat d’Stéchwuert fir him eng Béier aus der Kichen ze bréngen. De Francis ëntwert, dem Arlette seng Äntwert schonn nom éischte Wuert, wat et onméiglech mécht de Kontakt opzehuelen. Vum Rolleverhältnis hier weiss dat, dass hien iwwert dem Arlette steet an hatt ka ronderëm kommandéieren esou wéi hien et fir richtig hält. Réicht nodeems hien dat festgesat huet, léisst hien hatt ausschwätzen, wouropshin de Kontakt hiergestallt ass.

¹⁰² Ibid.

¹⁰³ Ibid.

¹⁰⁴ Ibid.

¹⁰⁵ Ibid., 37.

¹⁰⁶ Ibid., 38.

¹⁰⁷ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S:15.

¹⁰⁸ Ibid.

¹⁰⁹ Ibid.

¹¹⁰ Ibid.

¹¹¹ Ibid.

Bei der Kontaktopnam vum Änder a Francis si Problemer virprogramméiert: den Änder schellt un der Dier an de Francis mécht him op. Den Änder gëtt onsécher ob hien net un der falscher Dier geschellt huet a freet no: „Pardon... Ech wollt jhust... Eë... ech si jo richtig?“¹¹² De Francis gëtt him keng Äntwert dorobber, mä schwätzt mat sech selwer: „Vreck! ‘t as däin Dag, Fraassi, an du hues de Blatz nach an den An!“¹¹³ Dat weist, dass hie kee Wert op dëse Versuch vun der Kontaktopnam gëtt, an a senger eegener Welt leeft. Den Änder freet doropshin méi spezifesch no: „D’Madame Arlette?“¹¹⁴ Vun deem Moment un fänkt de Francis un e Spill mam Änder ze spillen an hält währenddeems ni de Kontakt mat him op. Hie kommendéiert den Änder duerch d’Wunneng a geet ni op seng Froen an ob d’Arlette hei wunnt oder net. Säi Verhalen ass esou onerklärlech, dass den Änder sech net sécher ass ob hien an der richteger Wunneng ass, obwuel hien den Dag virdrun do war. Um Schluss vum zweeten Akt gëtt den Änder op a fänkt un op hien anzegoen. De Francis seet: „[...] Du bas op Besuch, vergiess dat net! – Schlön ech vläicht Kaméidi, ech: de Chef-butler!? An ech kënn mer et leeschten, ech hätt all Ursaach!“¹¹⁵ Den Änder seet do nach näischt, wat weist, dass hie probéiert deem Theater aus dem Wee ze goen. Dofir freet de Francis nach eng Kéier no: „Hunn ech all Ursach? So“¹¹⁶ No senger Nofro, kommendéiert hien den Änder fir „jo“ ze soen, deen ignoréiert dee Versuch vun der Kontaktopnam awer nach ëmmer. De Francis gëtt net no a rífft: „Äntwer!“¹¹⁷, doduerch schéngt den Änder sou ageschüchtert ze sinn, dass hien nogëtt a mat „Jo.“¹¹⁸ äntwert. D’Kontaktopnam ass domadder awer nach net ganz hiergestallt: de Francis dreift et mat dëser Ausso op d’Spëtzt: „[...] Jo Chef, seet een, an e bësse fix!“¹¹⁹ Op dëse Befehl geet hien net an a weist keng Reaktioun, wat de Francis dozou animéiert nozefroen: „Hues de héieren? – A komm mat deem Cognac!“¹²⁰ Déi Instruktioun ass schlussendlech déi bei där den Änder entgültig nogëtt a mat: „Jo, Chef.“¹²¹ äntwert an direkt duerno nach: „Ech fannen d’Fläsch net.

¹¹² Ibid., 31.

¹¹³ Ibid.

¹¹⁴ Ibid.

¹¹⁵ Ibid., 36.

¹¹⁶ Ibid., 37.

¹¹⁷ Ibid.

¹¹⁸ Ibid.

¹¹⁹ Ibid.

¹²⁰ Ibid.

¹²¹ Ibid.

Am Eck steet jhust eng eidel.“¹²² ergänzt. An dësem Moment hält hien de Versuch vun der Kontaktopnam op andeems hien dem Francis seet, dass hien dee Cognac net fënnt, deen hie gären hätt. Domadder ënnerwërft hie sech dem Francis, genee esou wéi d’Arlette et och mécht a léisst hien d’Iwwerhand iwwerhuelen.

Zesummeffaassend kann ee soen, dass déi problematesch Kontaktopnamen an deenen dräi Stécker ëmmer tëschent deene Persounen sinn, bei deene Konflikter bestinn. Domadder gëtt och däitlech, dass sech an all Stéck ëmmer zwee „Verbündete“ fannen: d’Nicolette an den Hack, d’Janine an d’Jeanne an d’Arlette an den Änder.

4.1.2. Inhalts- a Bezéiungsaspekter

An all eenzelner Kommunikatioun fënnt sech een en Inhalts- a Bezéiungsaspekt. D’Marion Hebach ënnerscheet dës Aspekter esou:

„Beim Inhaltsaspekt steht die referenzielle Funktion im Vordergrund, bei der die Ausrichtung auf den Gegenstand dominiert und eine Information mitgeteilt wird. Der Beziehungsaspekt ist nicht auf die Nachricht, sondern auf den Empfänger bezogen. Durch ihn wird die Art der Beziehung zwischen den Beteiligten festgelegt.“¹²³

An anere Wieder heescht dat, dass beim Inhaltsaspekt et reng ëm d’Informatioun geet, déi iwwerdroe gëtt. Mä all Matdeelung huet e weideren Aspekt, deen engem net direkt an d’A spréngt, an awer genee esou wichteg ass, an dat ass de Bezéiungsaspekt. Deen Aspekt seet aus wéi de Sender gären hätt, dass de Message beim Empfänger ukënnt. Den Harold Pinter huet et nach méi einfach zesummegefaasst: „[...]where under what is said, another thing is being said.“¹²⁴

Déi Aspekter ginn elo jeweils un engem Beispill aus *Belle-Île*, *Fënsterdall* a *Léiwe Kleeschen* ënnersicht an erkläert. D’Marion Hebach spezifiéiert, dass d’„Kommunikationspartner sind sich der beiden Aspekte von Kommunikation oft nicht bewusst. Meistens entstehen Störungen, weil Aussagen nur unter dem Inhaltsaspekt gesehen werden und der Beziehungsaspekt übersehen wird.“¹²⁵ Genee dat ass am Stéck *Belle-Île* de Fall: d’Nicolette erzielt d’Geschicht vu sengem Papp an

¹²² Ibid., 37.

¹²³ Hebach, 50.

¹²⁴ Ibid., 52.

¹²⁵ Hebach, 51.

deem senge rengen Fangeren an dass et duerno nämme nach Wirschtercher gi sinn, déi fir dem Jimm seng Fangere stinn: a „Wann hie mer koum dermat, dann...“¹²⁶ Doropshin, ënnerbrécht de Jimm hatt mat: „Wien ass Hien?“¹²⁷, wat weisst, dass hien d’Geschicht, déi d’Nicolette verzielt just op enger inhaltlecher Ebene ophëlt an net versteet, dass hien fir den „Hien“ steet. D’Zeen verleeft ähnlech weider:

Nicolette: Hien

Jimm: Wéi heescht en?

Nicolette: Hien... Hien huet keen Numm.

Jimm: Dat gött et net

Nicolette: Vlächcht well e kee verdéngt.¹²⁸

Dem Nicolette seng Ausso geet vill méi déif a bedeit nom Bezéiungsaspekt hier folgendes: de Jimm ass et net derwäert iwwerhaapt e Numm ze kréien, well no all deem, wat hie verbrach huet, huet hien et, aus dem Nicolette senger Siicht, net verdéngt an där ganzer Geschicht e Numm ze kréien. De Jimm gött duerch déi Aussoe vun him verdäiwelt. Hatt wëll him de Message eriwuerbréngen, dass hien näischt wäert ass. De Jimm zitt heirauser awer nëmmen, dass e Personnage och e Numm brauch. Dofir kënnt et hei zu enger Kommunikatiounsstéierung well dës zwee Aspekter nëmmen vum Nicolette ausginn, mä de Jimm just den inhaltlechen Aspekt vun der Ausso ophëlt. D’Méiglechkeet, dass hien nëmmen esou mécht wéi wann hien et net géif verstoen, besteet natierlech och, mä sou oder sou kënnt just den inhaltlechen Aspekt vum Jimm kommentéiert a féiert domadder awer zu enger Stéierung an der Kommunikatioun.

Am *Fënsterdall* besteet eng ähnlech Situatioun, och hei probéiert d’Janine dem Jean eppes méi déifgrënnege matzedeelen, mä hien schéngt dat net ze verstoen. Dee Moment während de Jean an der Kippfënster hänke bleift, well hien aus der Situatioun flüchte wëll an hien der Meenung ass, dass d’Janine an d’Jeanne sech géint hie verbünnt hunn jéimert hien: „’t deet wéi!“¹²⁹ Dem Janine seng Äntwert: „*haart*: Et *soll* wéi don!“¹³⁰ weisst, dass et op der informativer Ebene drop ageet, mä

¹²⁶ Greisch, *Belle-Île*, S: 23.

¹²⁷ Ibid.

¹²⁸ Ibid.

¹²⁹ Greisch, *Fënsterdall*, S: 22.

¹³⁰ Ibid.

seng Ausso geet nach méi déif: de Fakt, dass et soll wéidoen, huet fir hatt nach méi en emotionale Grond. Seng Onzefriddenheet an der Bezéiung, vun engem séileschen a sexuelle Point de vue kommen hei zum Ausdrock, wat am weidere Verlaf vum Dialog nach verdäitlecht gëtt:

Jean: Ech kann net méi.

Janine: Eng Strof muss sinn.

Jean: Firwat?

Janine: Dofir.¹³¹

Hie kritt net mat a versteet net, dass d'Janine him zu deem Moment Virwërf mécht. A sengen Aen huet de Jean eng Strof verdéngt, fir all déi Zäiten an deenen hien hatt vernooléissegt huet a net sérieux geholl huet. Hie geet guer net op seng sexuell Bedierfnesser an, negligéiert hatt total a kuckt och op enger sexueller Basis just no sech. Hatt schwätzt aus der Vergaangenheet eraus, wéi et beim Ibsen an Tschechow och de Fall ass, an hien ass awer op déi momentan Situatioun fixéiert. Dofir weisst dem Jean säi „firwat“, dass hien de Bezéiungsaspekt vu senger Ausso net opgräift an dofir de Message, deem d'Janine eigentlech wëll riwwerbréngen net ka verstoen. Dofir sinn een Deel vun hire Kommunikatiounsstéierungen duerch den Inhalts-a Bezéiungsaspekt bedéngt. D'Janine setzt méi Gewiicht a Wäert a seng Aussoen, mä de Jean hält nëmmen deem iwwerflächlechen Deel op, dofir kënnt et zum Laanschteneeschwätzen an zu deem net wierkleche Nolauschteren.

D'Arlette an de Francis hunn am *Léiwe Kleeschen* e vergläichbaren Dialog wéi d'Janine an de Jean am *Fënsterdall*, just dass et hei de Francis ass, deem Aussoe mécht, déi en inhaltlechen an e Bezéiungsaspekt a sech droen, mä d'Arlette schénkt dësen Aspekt z'iwwersinn. De Francis freet d'Arlette folgendes: „[...] Däin Änder aus dem Dénegenslach... dem Roudemer oder wéi?: wat schafft en?“¹³² Déi Fro ass réng informativ a gëtt vum Arlette mat: „Keng Ahnung“¹³³ beäntwert gëtt, wat och weisst, dass hatt et net wierklech interesséiert, wat den Änder a sengem Liewe mécht. Dem Francis gefält dës Änwert net an drengt hatt mat: „Allez“¹³⁴ zu enger

¹³¹ Ibid., 23.

¹³² Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 26.

¹³³ Ibid.

¹³⁴ Ibid.

Äntwert, mat där hie méi kann ufänken. Hatt probéiert et mat: „Oder d’Rent“¹³⁵ fir ze weisen, dass hatt keng weider Informatiounen iwwert hien huet. De Francis schénkt bei dëser Konversatioun e ganz aneren Hannergedanken ze hunn an dem Arlette seng Äntwerte méi déifgrënneg ze bewerte wéi se vun him am Fong gemengt sinn. Dofir rífft hien: „Da schumm dech schéin!“¹³⁶, eng Ausso, déi hatt net ka verstoen, well him de Bezéiungsaspekt feelt an dofir och mat „Firwat?“¹³⁷ äntwert. Doropshin seet de Francis: „’t sicht ee sech e Jonken“¹³⁸ Dës Bemierkung verdäitlecht, dass hien vun eppes ganz anerem schwätzt, wéi dat vun deem d’Arlette ausgeet. Hie wëll him ënnerstellen, dass hatt eng Affaire mam Änder huet a gleeft him d’Geschicht vum Accident net wierklech. De Bezéiungsaspekt vum Message, deem eigentlech sollt riwwerkommen, kënnt net duerch, wat dem Arlette säi nächste Saz erkläert: „Wann e mer draleeft!“¹³⁹ Hatt versteet dem Francis seng Ausso net a bezitt sech op seng Onschold, dass hatt net decidéiert huet wien him virun den Auto leeft. Dem Francis säi Versuch him eng Affaire z’ënnerstelle scheitert also, well nëmmen den inhaltlechen Aspekt, mä net de Bezéiungsaspekt iwwerdroe ginn ass an et dofir net zu där Konversatioun komm ass, déi hie sech erhofft huet.

Et ass also wichteg festzehalen, dass et an deenen dräi Stécker Momenter ginn an deene probéiert gëtt ze kommunizéieren, dat awer net ka geléng, well eng vun de Figuren just een Aspekt, den Inhalt vun der Ausso ophëlt, mä de Bezéiungsaspekt verwërft. Dat Net-Ophuelen vum Bezéiungsaspekt féiert zu de Kommunikatiounsstéierungen a verhënnert dofir d’Personnage dorunner eng verständlech Interaktioun ze leeden, déi op géigesäitege Verständnis berout.

4.1.3. Komplementär a symmetresch Interaktioun

D’Komplementär a symmetresch Interaktioun ass dat lescht Kapitel vum sozio-psychologeschen Aspekt an definéiert sech nom Marion Hebach folgendermoossen:

„Da es in der Natur komplementärer Beziehungen liegt, dass eine Selbstdefinition nur dann aufrechterhalten werden kann, wenn der Partner die ergänzende Rolle spielt, führt

¹³⁵ Ibid.

¹³⁶ Ibid., 26.

¹³⁷ Ibid.

¹³⁸ Ibid.

¹³⁹ Ibid.

das Abweichen von der Struktur des einen und die mangelnde Bereitschaft des anderen, seine Eigendefinition entsprechend abzuändern – seine Starrheit – zu Störungen. Beziehungen, die auf Komplementarität beruhen, werden dann problematisch, wenn eine der Figuren vom Gegenüber eine Bestätigung des Selbstbildes verlangt und dieses im Widerspruch zu der Eigendefinition des anderen steht.“¹⁴⁰

Dat heescht, dass et am normale Fall vun enger komplementärer Interaktioun eng Ranguerdnung gëtt, mä d’Kommunikationspartner sech beméien, sech géigesäiteg z’ergänzen. Konstellatiounen vun der komplementärer Kommunikatioun sinn zum Beispill e Chef a säin Employé oder Elteren an hir Kanner. Wann awer eng ze staark Autoritéit optrëtt, déi esou wäit geet, dass eng Ofhängegkeetsbeziehung oder Onselbstständegkeet dorausere entsteet, kann ee vun enger „starrer Komplementarität“ schwätzen, déi Kommunikationsstéierungen ervirriift.

Bei der symmetrescher Interaktioun leien d’Schwéierpunkten esou:

„Symmetrische Beziehungen beruhen dagegen auf der Gleichartigkeit der Kommunikationspartner. Wenn beide ihre Selbstbilder über die Ähnlichkeit zum anderen definieren, kommt es zu symmetrischer Eskalation, wenn einer der Partner von dieser Vorstellung abweicht und seine Andersartigkeit behauptet, oder auch wenn die Übereinstimmung zu stark wird – man denke an mehrere Bewerber für eine Arbeitsstelle.“¹⁴¹

Et ass wichteg festzehalen, dass bei der symmetrescher Interaktioun, sech d’Kommunikationspartner op enger Héicht géigeniwwer stinn an dass et keng Ënnerscheeder an der Ranguerdnung ginn. Bei enger symmetrescher Eskalatioun herrscht eng Gläichheet, déi ze staark ass tëschen de Kommunikationspartneren, wat dann zu de Stéierungen féiert.

Am *Belle-Île* hu mir et mat enger Stéifpapp-Stéifdueschter Situatioun ze dinn, wat der Theorie no eng komplementär Beziehung soll sinn, déi sech hätt missten duerch dem Nicolette säin erwuessenen Alter an eng symmetresch Beziehung wandelen. Dat ass awer ni geschitt, duerch d’Evenementer aus der Vergaangenheet konnte sech déi zwou Figuren ni op enger Héicht begéien. Dofir ass et an dësem Stéck eng „starre Komplementarität“, déi hir Beziehung definiéiert, well d’Nicolette sech säit dem

¹⁴⁰ Hebach, 77.

¹⁴¹ Ibid.

Jimm sengem Accident ëm hie muss këmmen, wéi wann hie säi Kand wier, mä et kënnt nach dobäi, dass hatt hie vun uewen erof bekuckt a behandelt. Zum Beispill muss de Jimm sech matdeelen, wann hie gär eppes ze drénken hätt, hien ass op d’Nicolette an op seng Decisiounen ugewisen:

Jimm: „Sinn duuschtereg!

Nicolette: „Schlëmmer wéi e Kand bass de!“¹⁴²

Dësen Aspekt vun der Ofhängegkeet bestätegt, dass d’Interaktiounen eng Starrheet virweisen. De Fakt, dass hatt hie mat engem Kand vergläicht weisst de Rollentusch an hirer „Papp-Dueschter-Bezéiung“. Dee Moment an deem d’Nicolette him Téi gëtt seet et him: „Pass op, en ass gliddeg!“¹⁴³ an awer verbrennt de Jimm sech drun wouropshin hatt widderhëlt: „En ass gliddeg, hat ech gesot!“¹⁴⁴, wat seng Autoritéit vis à vis vum Jimm nach eng Kéier méi verdäitlecht. Méi spët am Stéck freet de Jimm hatt: „Ech hätt gär e Buff.“¹⁴⁵ Dem Nicolette seng Änwert dorobber: D’Geess hätt och gär e Schwanz gehat, si krut awer nëmmen en Deckel.“¹⁴⁶ ënnersträicht, dass seng Decisiounen déi sinn, déi zielen an hien definitiv kee Buff kritt. Déi eenzeg Hoffnung op eng symmetresch Bezéiung wier, wann dem Jimm säi Wonsch géif an Erfëllung goen: „Ech freien un engem motoriséierten Weenschen. Da brauch ech dech net méi. Däin Aimé scho guer net.“¹⁴⁷ Dat weisst, dass net nëmmen d’Nicolette aus dëser Situatioun ausbrieche wëll, mä och de Jimm: hätt hien e motoriséierte Rollstull wier hien net méi ofhängeg vun him a kéint selwer Decisiounen iwwert säi Liewe féieren a misst net d’Nicolette fir alles froen. Hir Kommunikatioun ass dofir och esou gestéiert, well si net op enger Héicht kommunizéieren, bei hinne gëtt et eng Ranguerdnung: d’Nicolette steet iwwert dem Jimm. Si setzen an enger steifer Komplementaritéit fest an dat wahrscheinlech bis dem Jimm säin Doud déi zwou Figuren erléisst.

Beim Jean a Janine am *Fënsterdall* gesäit et aneschtens aus: hei geet et ëm eng Koppel, déi Säit Jore bestuet ass. Dat bedeit, dass si theoretesch gesinn eng

¹⁴² Greisch, *Belle-Île*, S: 11.

¹⁴³ Ibid.

¹⁴⁴ Ibid.

¹⁴⁵ Ibid., 19.

¹⁴⁶ Ibid.

¹⁴⁷ Ibid., 20.

symmetresch Bezéiung misste féiere an där et keng Ranguerdnung gëtt a sech gläichberechtegt behandelt gëtt. An der Praxis gesäit et aneschtens aus: et gëtt eng Ranguerdnung an zwar ass de Jean, deen deen d'Iwwerhand huet an d'Janine an hirer Bezéiung ronderëm kommandéiert a nëmmen u sech a seng Besoinen denkt. Besonnesch däitlech gëtt dat am Stéck gemaach, wann d'Janine erklärt, wéi de Jean sech behält:

„Hien ass en Tyrann. En tyranneschen Egoist. All fräie Moment muss ech mat him op de Vëlo. Ob ech Loscht hunn oder net. Dat zielt net. *Hien* huet Loscht. Voilà. Ech ginn net gefrot. Ech si knapps erëm vun der Schaff, knapps hunn ech gekacht, knapps de Löffel aus dem Mond, dann heescht et: Janine, mir fueren! Ech muss mech dach emol erblosen, merde! Iwwrem Fueren erbléis de dech, seet hien, deen Tyrann.“¹⁴⁸

Hei gëtt däitlech gemaach, dass hatt dem Jean ënnerworf ass a keng eegen Decisiounen huelle kann, well hatt sech deem füge muss wat hie wëlles huet ze maachen. Genée dofir si Stéierungen an hire Konversatiounen virzefannen, well de Jean him kee Moment gëtt an deem hatt ka maache wéi et denkt. Am Jean senger nächster Ausso gëtt kloer wat hien iwwert d'Janine denkt a firwat dat ausschlaggebend ass fir déi steif Komplementaritéit an hiren Interaktiounen:

„Hal du dech do eraus. Analfabeetin. Weess d'iwwerhaupt wien de Verdi ass? An de Freni? An d'Christa? A s'alleguer. Neen, keng Ahnung. Keng blatzeg Ahnung. An dann téine mer. Mol kee Karajan kenns de. All Mënsch kennt de Karajan, nëmmen *du* net. Karajan: ni héieren. Mä téinen, dat kanns de!“¹⁴⁹

A sengen Aen ass d'Janine net gebild genuch a genée dowéinsten schénkt hien him manner Respekt zouzegestoen a behandelt hatt, wéi wann et manner Wäert hätt a weisst keen Interessi u senger Wësch a geet net op seng Aussoen an. Fir hien zielt nëmme seng eege Meenung a seng Virléiften. Zu de Stéierungen an der Kommunikatioun kënnt et, well d'Koppel sech net gläichberechtegt behandelt an de Jean d'Janine vu sech ofhängeg mécht duerch säin „tyrannescht“ Verhalen. Dat war awer net ëmmer esou, wat weisst, dass hir Bezéiung eng symmetresch Natur hat: „Du bass opeemol en anere ginn. Gelungen. Op eng Kéier hues de dech ëmgedréit, just ëmgedréit: dunn ... woors d'en aneren. Wéi wann s de d'Hiem gewiesselt häss ...“¹⁵⁰

¹⁴⁸ Greisch, *Fësterdall*, S: 31.

¹⁴⁹ Ibid., 32.

¹⁵⁰ Ibid., 38.

A vun deem Moment un huet de Jean d'Bezéiung u sech gerappt an d'Janine net méi als gläichberechtigten Partner ugesinn an hatt och deementspreechend behandelt.

Am Stéck *Léiwe Kleeschen* fënnt een eng ähnlech Situatioun vir, wéi am *Fënsterdall*: och hei handelt et sech ëm eng Koppel, déi vun der Theorie aus symmetresch Interaktiounen matenee fëiere soll. Mä och hei huet sech d'Bezéiung an eng „starre Komplementarität“ verwandelt. De Moment an deem d'Arlette dem Änner vun den Ufäng vun hirer Bezéiung erzielt, weisst, dass se eng Kéier symmetresch war: „Mir ware geckeg vu Freed. D'Fréijor. An e laange Summer... Dun as d'Wieder ëmgeschlon.“¹⁵¹ Hei ass d'Wieder eng Verbildlechung vum Wiessel vun enger symmetrescher an eng steif komplementär Bezéiung. De Francis huet no kuerzer Zäit eng Ranguerdnung agefëiert, hie stellt sech iwwert d'Arlette a kontrolléiert a steiert déi ganz Bezéiung mat manipulativen Aussoen a Gewalt. Hie wëll dass d'Arlette him erzielt wien an hirer Wunneng war zu deem Zäitpunkt wou hien net do war, hatt mécht dat och, mä de Francis schénkt him net ze gleewen, wat säi Mangel u Vertrauen ënnersträicht: „*Hie klaakt him eng fatzeg op de Bak a jätzt: Verziel*“¹⁵² De Fakt, dass de Francis hatt schléit weisst, dass hien him net wierklech gleeft a mengt, dass hannert där ganzer Geschicht méi stécht, wat des Ausso bestätegt: „Kënnt et da bal!“¹⁵³ D'Arlette ka nëmme mat: „'t as alles.“¹⁵⁴ Äntwerten, well hatt him dee ganze Virfall erkläert huet an et net méi dozou ze soe gëtt. De Francis „*klaakt him nach eng*“¹⁵⁵ mat de Wieder: „Nach net!?“¹⁵⁶, wat verdäitlech, dass hien der Meenung ass, dass hie mat Handgräiflechkeeten déi Äntwert kritt, déi hie sech erwaart. Hie mengt, dass hien duerch seng aggressiv Attitude d'Iwwerhand an der Bezéiung huet an d'Arlette esou ageschüchtert ass, dass hatt hien ni géif verloossen. Dëse Plang geet awer net op, och wann hatt sech net traute him dat an d'Gesicht ze soen, verléisst d'Arlette de Francis a léisst him e Message mat den Erklärungen do an deem et seet: „Ech kann net méi!“¹⁵⁷ an „Ech gin.“¹⁵⁸ Domadder verännert sech d'Ranguerdnung, d'Bezéiung tëscht hinne bleift eng steif komplementär, mä d'Arlette ass elo an der „staarker“ Positioun an huet d'Kraaft de Francis hannert sech ze loossen: „[...] Du

¹⁵¹ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 67.

¹⁵² Ibid., 17.

¹⁵³ Ibid.

¹⁵⁴ Ibid.

¹⁵⁵ Ibid.

¹⁵⁶ Ibid.

¹⁵⁷ Ibid., 74.

¹⁵⁸ Ibid.

bass och mäi grousst Kand, Francis. Jhust datt ech dech net méi packen.“¹⁵⁹, wat verdäitlecht, dass et esou geschéngt huet wéi wann hien d'Iwwerhand gehat hätt, mä dës Ausso vum Arlette weisst, dass a sengen Aen hien e grousst Kand war, dat d'Arlette gebraucht huet. Onbewosst war hien ëmmer ofhängeg vun him an net ëmgedrëint: hatt huet hien dat gleewe gelooss, well hatt der Meenung war, dass et soss néirens kéint higoen. D'Kommunikatiounsstéierunge bleiwe bis zum Schluss tëschent hinne bestoen, well d'Arlette him d'Enn vun hirer Bezéiung net perséinlech iwwermëttelt, mä iwwert eng Kassetten, wat eng Konversatioun verhënnert.

Zesummegefaasst kann ee soen, dass fir eng richtig Kommunikatioun kënnen ze hunn, missten déi sechs Figuren eng symmetresch Bezéiung mateneen hunn, an där si sech gläichwerteg behandelen. Si stiechen awer all a steiwe komplementären Interaktiounen fest: doduerch kënn et zu Kommunikatiounsstéierungen, déi duerch déi besteent Ranguerdning net eweg ze denken sinn. Dofir kann ee festhalen, dass et an de Stécker all Kéiers eng Figur gëtt, déi sech vis à vis vun enger anerer physisch wéi och psychesch iwwerleeë fillt an déi dat och spillen léisst.

4.2. D'Sprooch – eng linguistesche Perspektiv

Wann an der Kommunikatioun Stéierungen virzefanne sinn, ass ee groussen Faktor, deen dorunner bedeelegt ass, d'Sprooch. Kommunikatiounsstéierungen trieden dann op, wann d'Sprooch, de Mënschen hiert Verständigungsmittel, net méi richtig funktionnéiert. D'Ursachen fir Kommunikatiounsstéierungen aus enger linguistescher Perspektiv aus gesinn, kënnen d'Pausen an d'Ofbréch an der Sprooch, den dialogesche Monolog an de Monolog als Dialog sinn. Dës dräi Punkten ginn elo eenzel duergéhe, erkläert a mat Beispiller aus *Belle-Île*, *Fënsterdall* an *Léiwe Kleeschen* duergestallt.

4.2.1. Pausen an Ofbréch an der Sprooch

D'Pausen an d'Ofbréch an der Sprooch sinn am Pol Greisch sengen Stécker net ewechzedenken. D'Franziska Schöblier präziséiert zu deem Punkt: „Nahezu ebenso

¹⁵⁹ Ibid.

wichtig wie das Sprechen können die Pausen und die sprachlosen Momente in Dramen sein.“¹⁶⁰ Pausen huele vill Plaz an deenen dräi Stécker an a sinn onnatierlech laang. De Peter Szondi erklärt: „Das Sprechen im Drama drückt neben dem konkreten Inhalt der Worte immer auch, daß gesprochen wird, mit aus. Wenn nichts mehr zu sagen ist, wenn etwas nicht gesagt werden kann, verstummt das Drama.“¹⁶¹ Am Greisch senge Stécker verstommt d’Drama op verschidden Aart a Weisen: Eng Weil, een Ament, Paus, penibel Paus, onheemlech Paus, verleeë Paus a laang Paus sinn alles Ënnerbriechungen, déi an den Drame virkommen an domadder e fléissenden Text a virun allem eng fléissend Konversatioun verhënneren. Si duerchlächeren d’Stécker regelrecht, mä hunn dofir och eng wichteg Bedeitung, wéi d’Franziska Schöbler ënnersträicht: „Indiz dieses gebrochenen Verhältnisses zur Sprache sind die Pausen, die [...] eine zentrale Rolle spielen.“¹⁶² D’Figuren hunn eng gebrache Relatioun vis à vis vun der Sprooch an all déi Pausen drécken dat aus. Am *Belle-Île* sinn et 136, am *Fënsterdall* 84 an am *Léiwe Kleeschen* 59 Pausen, déi an de Stécker virkommen.

Belle-Île huet, offensichtlech, déi meeschte Pausen, dat weisst, dass d’Stéck duerch d’Pausen opebaut ass: mindestens no all zweeter Ausso fënnt een eng Ënnerbriechung vun entweder *een Ament* oder *eng Weil*. Dat erkläert hirt gebrachent Verhältnis zur Sprooch, awer och dem Nicolette an dem Jimm hirt gebrachent Verhältnis zoueneen. Si schwätze net iwwert hire Konflikt an dofir bleift hinnen net vill méi iwwereg wéi drop waarden, dass sech hir Situatioun endlech verännert.

Am *Fënsterdall* sinn et dättelech manner Pausen, mä nach ëmmer genuch fir ze weisen, dass et Stéierungen an der Kommunikatioun tëschent dem Jean a Janine gëtt. D’Stéck ass genoe wéi *Belle-Île* duerchlächert mat Didaskalien, déi vun *eng Weil*, een Ament bis zu eng *penibel Weil* reechen. Wann déi Didaskalien bis en zousätzlecht Wuert kréien, dat déi Paus méi genoe beschreift, kreéieren déi en Toun bei d’Stéck dobäi. Zum Beispill dee Moment an deem d’Nicolette dem Hack vun de Mësshandlungen erzielt an erkläert, dass hat sech muss ëm de Jimm këmmen, freet hien: „[...] Är Mamm..lieft si net méi?“¹⁶³, wourobber hatt mat engem kuerze

¹⁶⁰ Schöbler, 127.

¹⁶¹ Szondi, 36.

¹⁶² Szondi, 36.

¹⁶³ Greisch, *Belle-Île*, S: 44.

„Neen“¹⁶⁴ äntwert an duerno mécht sech eng „verleeë Paus“ breet, déi weisst, dass et deenen zwee net wuel dobäi ass iwwert dat Thema ze schwätzen. Am *Fënsterdall* kënnt et zu enger „penibel Paus“¹⁶⁵ an deem Moment, an deem de Jean dem Jeanne d’Janine als seng Frau virstellt: „verleeën: ... ass d’Janine ... meng Fra.“¹⁶⁶ Dem Jean ass déi ganz Situatioun penibel, well hien d’Jeanne vu fréier kennt an hatt ni wollt bestueden: him elo mussen ze soen, dass hien sech an der Tëschenzäit bestuet huet ass fir hien penibel zouzeginn. Dat heescht, dass déi Pausen net nëmmen den Toun kënne setzen, mä och eng Stëmmung vum Personnage erëmginn. Dee Moment an deem de Francis am *Léiwe Kleeschen* erakënnt a freet: „Sin ech ze fréi?“¹⁶⁷ kënnt direkt duerno eng „onheemlech Paus“¹⁶⁸. Dat weisst, dass d’Pausen net nëmmen d’Kommunikatiounsstéierungen ënnersträichen, mä dass se och e wichtegen Effekt sinn fir den Toun vum Stéck ze setzen. Duerch déi „onheemlech Paus“ gëtt d’Stéck direkt méi düster an et kann ee sech drop astellen, dass tëschent dem Arlette a Francis eng bedrohlech Stëmmung herrscht.

D’Pausen an de Stécker kënnen zu Kommunikatiounsstéierungen féieren, mä och d’Ofbréch an der Sprooch droen dozou bäi. D’Ofbréch an der Sprooch weise sech an den dräi Stécker duerch Ënnerbriechungen, dat heescht, dass d’Figur A d’Ausso vu Figur B ënnerbënnt andeems déi eppes aneres an de Raum wërft fir dass d’Figur A hire Saz net ka fäerdeg maachen.

Am *Belle-Île* kënnt et zu enger Ënnerbriechung an deem Moment an deem d’Nicolette eng Geschicht iwwert seng Mamm erzielt:

„[...] Si gouf richteg maniaque, meng Mamm: Louch nëmmen eng Schlapp an de Féiss, eng Zeitung schif, e Buch kromm, da krut s’eng Kris. Ech hunn déi Fra an der Lescht nëmen nach mat der Biischt gesinn dorueter wëschen, mat der Lomp, mam Plumeau...“¹⁶⁹

Matzen am Saz ënnerbrécht de Jimm hatt, andeems hie seet: „Ech hunn och esou eng kann!“¹⁷⁰ Déi Ausso weisst, dass hien et sat huet ëmmer nees Geschichten aus der Vergaangenheet ze héieren a stoppt d’Nicolette mat deem Saz, well hien dës

¹⁶⁴ Ibid.

¹⁶⁵ Greisch, *Fënsterdall*, S: 15.

¹⁶⁶ Ibid.

¹⁶⁷ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 15.

¹⁶⁸ Ibid.

¹⁶⁹ Greisch, *Belle-Île*, S: 22.

¹⁷⁰ Ibid.

Anekdot, mat grousser Wahrscheinlechkeet, méi wéi eng Kéier héieren huet. Hei kënnt et also zu enger Stéierung an der Kommunikatioun, well eng Figur net ausschwätze gelooss gëtt an esou dee ganze Message net iwwerdroe ka ginn.

Am *Fënsterdall* fänkt d'Janine un, um Jean senger Éierlechkeet ze zweifelen, well ëmmer méi Fakten un d'Liicht kommen, dass de Jean an d'Jeanne sech effektiv kennen: „Jo, mä ech verstinn net ...“¹⁷¹ D'Janine ka säi Saz mol net fäerdeg maachen, de Jean ënnerbrécht hatt: „Madame, entschëllegt ... Looss mer ons net emballéieren ... Ech fäerten ... elei ass e kleng Malentendu ... Mir sinn ënnerwee ... mat de Bikes, ech a meng Fra [...]“¹⁷² Hie wëll verhënneren, dass seng Vergaangenheet erauskënnt a probéiert dofir esou gutt wéi méiglech ofzelénken andeems hien esou mécht wéi wann hien d'Jeanne net géif kennen. Währendeems senger Erklärung fält op, dass hie vill Pausen dotëschent mécht, wat drop hiweist, dass hien net wierklech weess wat soen fir aus dëser Situatioun erauszekommen. Déi Stéierung beweist wéi schlecht d'Relatioun an d'Kommunikatioun tëscht dem Janine a Jean ass.

De Francis ënnerbrécht d'Arlette am *Léiwe Kleeschen* direkt nodeems hien heemkënnt an hatt ufänke wëll z'erziele wat sech virdrun an hirer Wunneng ofgespillt huet: „Ech...“¹⁷³ Méi léisst hien hatt net soen a rífft: „Béier“¹⁷⁴. Doropshin leeft hatt, ouni e Wuert ze soen eng Fläsch Béier sichen. Dës Ënnerbriechung soll weisen, dass de Francis decidéiert wéini geschwat gëtt an dass seng Besoinen virginn. D'Arlette versicht him eppes ze kommunizéieren, mä hie brécht dëse Versuch of, well hien him domadder de Message vermëttelt, dass nëmmen dat wat hie seet a wat hie wëll am Fokus steet.

Dës Ofbréch an der Sprooch ënnersträichen nach eng Kéier d'Relatioun, déi tëscht dem Figure besteet a weisen drop hinn, dass et zu enger problematescher Kommunikatioun kënnt, soss misste keng Ënnerbriechungen stattfannen.

¹⁷¹ Greisch, *Fënsterdall*, S: 15.

¹⁷² Ibid.

¹⁷³ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 15.

¹⁷⁴ Ibid.

4.2.2. Den dialogesche Monolog

Beim dialogesche Monolog, e weidert Mierkmol vum analyteschen Drama, erklärt d’Franziska Schöbler, dass analytesch Dramen „arbeiten zudem mit Scheindialogen, das heißt die Figuren reagieren thematisch nicht aufeinander, sondern bewegen sich – verstrickt in ihre autistischen Gedankensphären – in einem eigenen Monolog.“¹⁷⁵

Wat wichteg an dëser Definitioun festzehalen ass, ass de „Scheindialog“: d’Figur schwätzt fir sech, dat heescht et bleift e Monolog an dat wat eng aner Figur duerno vu sech gëtt, ass genee soue Monolog, deen agekapselt bleift. Et kann also zu deem Moment, vu kenger Kommunikatioun kommen.

Am *Belle-Île* erklärt d’Nicolette dem Jimm: „Nëmme bis elier däerf hie fueren, den Aimé. Oder bis eluer. Sees de him dat? Vergiess et net. ‘t geet schëtzig dorower. Den Aimé gesäit keng Gefor. Hien ass dacks net bei der Saach.“¹⁷⁶ Déi Fro, déi d’Nicolette him stellt gëtt net beäntwert, hie reagiert net drop an deelt säi Verlaangen no „Waasser“¹⁷⁷ mat. Op déi Ausso geet d’Nicolette net an a seet: „D’Mier ass um Kommen.“¹⁷⁸, hatt deelt mat wat et grad gesäit, mä ignoriert dem Jimm säi Wonsch eppes kënne fir ze drénken ze kréien. Hie probiert et dofir nach eng Kéier mat: „Duushtereg“¹⁷⁹ Hei handelt et sech dofir kloer ëm e „Scheindialog“, well béid Figuren net openeen aginn. D’Kommunikatiounsstéierung, déi dobäi entsteet ass déi, dass déi zwee Personagen kee Gespréich kënne féiere wa se net op hir Wësch a Froen eng Äntwert kréien.

Ähnlech ass et och am *Fësterdall*, d’Janine krut vum Jeanne e roude Rack geschenkt, deen et direkt undeet. Dem Jean schénkt deen Ubléck net ze gefalen, well hien eventuell un d’Jeanne vun deemools erënnert gëtt a seet dofir: „Dong dee Rack aus!“¹⁸⁰ D’Janine geet net dorobber an, well him de Rack wahrscheinlech gutt gefällt an ufänkt géint de Jean ze rebellieren. Hatt deet de Rack net aus a seet: „D’Waasser klëmmt méi héich. Wat maache mer, wann dat sech net gëtt dobaussen?“¹⁸¹ D’Janine kommentiert hir aktuell Situatioun an där déi dräi Figure stierchen a seet kee Wuert

¹⁷⁵ Schöbler, 133.

¹⁷⁶ Greisch, *Belle-Île*, S: 9.

¹⁷⁷ Ibid.

¹⁷⁸ Ibid.

¹⁷⁹ Ibid.

¹⁸⁰ Greisch, *Fësterdall*, S: 32.

¹⁸¹ Ibid.

iwwert de Rack. Hir Kommunikatioun ass an dësem Fall och gestéiert, well kee vun de Personnage op dat ageet wat gesot gëtt. Hei ënnersträicht dat nach eng Kéier, dass d’Kommunikatioun tëschent deenen zwou Figuren ee vun Problemer ass firwat hir Bezéiung net funktionnéiert.

Den dialogesche Monolog weisst, am Bezug op d’Kommunikatiounsstéierungen, dass et onméiglech ass eng Konversatioun ze féieren, déi funktionnéiert, well net op d’Aussoen agaange gëtt, déi d’Figure vu sech ginn. All Figur bleift an hirem Monolog a gëtt keng Äntwert op déi jeweilig Froen, déi vun anere Figure gestallt ginn.

4.2.3. Den Dialog als Monolog

Den Dialog als Monolog definiéiert d Franziska Schöbler esou:

„[...] wenn der Monolog zwar in Gegenwart von Figuren gesprochen wird, doch der Sprechende isoliert zu sein scheint und nicht gehört wird. [...] Obgleich also vordergründig eine dialogische Situation etabliert wird, findet kein sprachliches Miteinander statt.“¹⁸²

An anere Wierder heescht dat, dass de Versuch en Dialog mat enger anerer Figur ze féieren do ass, mä dee Personnage, dee probéiert eng Interaktioun opzebauen, gëtt net gehéiert.

Am *Fënsterdall* kënnt et zu souenger Situatioun dee Moment an deem d’Jeanne aschléift an d’Janine onbedéngt mat him schwätze wëll:

„Elo net schlofen! Lauschtert: Ech muss et lass ginn. *Engem* muss ech et dach kënne son: d’Saach mat den Hormonen ... datt ech keng Kanner ka kréien, da’s *hien*, ech net. Hie géif mech vollstoppe mat Hormonen ... Mä wann s de Dag a Nuecht am Suedel sëtzt, da fleeten d’Hormonen dech voll ... Da’s meng Meenong. *Hie* géing bei keen Dokter. Hien ass ze schéin dofir. Hie schéckt *mech*. A wann et dann net klappt, dann ass et natierlech *meng* Schold!“¹⁸³

¹⁸² Schöbler, 134.

¹⁸³ Greisch, 35.

Säin Dialog, deen et probéiert ze féieren, bleift e Monolog, well déi Figur, déi present ass hatt net kann héieren, well se schléift. An deem Monolog komme wichteg Fakten iwwert dem Jean an dem Janine hir Bezéiung un d'Liicht: all déi Saachen, déi hatt sech net traute dem Jean an d'Gesicht ze soe ginn hei noeneen opgezielt. De Fakt, dass d'Jeanne zu deem Moment schléift ass wichteg, well d'Janine sech wahrscheinlech just traute all seng Frustratiounen rauszeloossen, well keen hatt wierklech héiert, mä d'Präsenz vum Jeanne alleng gëtt him de Courage fir ze schwätzen. Hatt beléisst et net bei dëser Ausso, mä reegt sech ëmmer méi op: „Hie ka mech klibberen! Eng Kéier leeft d'Faass iwwer. (*hysteresch*) Do kanns de Gëft drop huelen, Männchen!“¹⁸⁴ Dat weisst, dass d'Janine dem Jeanne erzielt, wat hatt bedréckt, mä vun Zäit zu Zäit esou hysteresch gëtt, dass hatt de Jean uschwätzt, obwuel hien net am Raum ass. Dëst verdäitlecht och, dass hatt am léifste dem Jean dat alles soen, mä de Mutt him et perséinlech ze soe feelt. Dofir fiert hatt mat sengen Monolog weider: „An dann dee Schweess! Sāi saure Schweess. Am Gezei: et hieft mer. 't hieft mer an der Kichen, an der Buedzëmmer, der Kummer, iwwerall hieft et mer ... Well ech es sat sinn! Héiert Der, schlooft net, elo net schlofen: c'est l'heure de vérité!“¹⁸⁵ D'Janine huet et sat ofhängeg ze si vun engem Mann, deen net op hatt ageet a just no sech kuckt. Hatt probéiert d'Jeanne nach eng Kéier z'erwächen, mä dëse Monolog an deem hatt senge Gefiller fräi Laf konnt loossen, hunn him de Courage ginn fir elo, an der „l'heure de vérité“ dem Jean alles an d'Gesicht ze soen. D'Jeanne huet him net misste nolauschten, d'Janine huet nëmmen d'Präsenz gebraucht.

En Dialog als Monolog kënnt och am *Léiwe Kleeschen* vir, mä ënnert aneren Ëmstänn: Nodeems de Francis probéiert d'Arlette ze forcéieren fir Béier ze drénken an him de Rescht iwwert de Kapp schëtt, well hatt sech dobäi verschléckt, geet hatt duschen. D'Arlette flücht aus der Situatioun, wat de Francis dozou beweegt folgend Remarquen ze maachen: „Lo wollt ech jhust léif si mat der ... an da leefs de fort: duschen. Allkéier wann ech léif sin, dann duscht hatt!“¹⁸⁶ Hie schwätzt hei ganz offensichtlech mam Arlette, mä kritt keng Äntwert, well hatt hien duerch d'Dusch net héiere kann, wat dëse versichten Dialog an e Monolog verwandelt. Hien ass an engem andauernde Wiessel tëschent den Aussoen, déi hien dem Arlette mécht an

¹⁸⁴ Ibid.

¹⁸⁵ Ibid.

¹⁸⁶ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 21.

deenen déi hien zu sech selwer seet, wat awer alles e Monolog bleibt. Dem Francis säin Argument „Allkéier wann ech léif sin, dann duscht hatt!“ weist, dass hien ni léif mat him ass an dat do nēme seet well hatt hien net kann héieren. Hie rífft: „Ech géif gär e Gliesche mat dir drénken“¹⁸⁷ an da rēm fir sech: „A fort! Fort ass et! Duschen. Hatt duscht sech dout.“¹⁸⁸, wat en Hiweis drop ass, dass dat dem Arlette säin eenzege Wee ass, fir e puer Momenter fir sech ze hunn an hirer Wunneng. Déi ganz Zäit iwwer an där hatt an der Dusch ass, drénkt de Francis ee Glas Cognac nom aneren a rífft: „Op deng Gesondheet dann!“¹⁸⁹, nodeems hie sech e neit Glas gefëllt huet a fíert weider mat: „Ech kann net waarden [...] Soll ech och nach eng op s e n g poutzen? Dengem Tippche seng? Oder as dee gesond genuch? Wéi heescht en? [...],,Kenns du en André Hoffer...?“¹⁹⁰ Hie stellt eng Fro no där anerer: alles Froen, déi op säi Vertrauensproblem hiweisen. Hie kënnt net vun där Iddi lass, dass d’Arlette hien hannergeet, mä traut sech net him dat zu deem Moment an d’Gesicht ze soen.

D’Beispill aus dem *Fënsterdall* weist, dass d’Figur dee Monolog fir d’éischt muss fir sech féieren, ouni Äntwerten a Jugementer, éier si déi aner Figur domadder konfrontéiert. Am *Léiwe Kleeschen* ass et déi eenzeg Manéier, wéi déi eng Figur déi aner ka konfrontéieren: wann dee Personnage net kann zréck äntwerten. Dësen Dialog a Monolog ass an deenen zwéi Fäll dofir do, dass de Personnage säi Mutt kann zesummen huelen fir duerno e wierklechen Dialog ze féieren.

4.3. Kënnt et zu enger Verständnegung?

Nodeems all déi verschidde Méiglechkeete vun de Kommunikatiounsstéierungen duerchgeholl an erkläert gi sinn, stellt sech elo d’Fro ob et net awer usazweis e Verstoen, respektiv eng *Verständnegung* tēschent de Figuren an deenen dräi Stécker gëtt. D’Marion Hebach äussert sech dozou folgendermoossen:

„Die Figuren müssen zur Kontaktaufnahme bereit sein; [...] Beziehungs- und Inhaltsaspekt voneinander unterscheiden [...]; sie müssen komplementäre und

¹⁸⁷ Ibid.

¹⁸⁸ Ibid.

¹⁸⁹ Ibid.

¹⁹⁰ Ibid., 21-22.

symmetrische Beziehungen stabil halten. Dann findet Verstehen im sozio-psychologischen [...] Sinn statt.“¹⁹¹

Zousätzlech dierfen se net ënnerbrach ginn a keen dialogesche Monolog, wéi och kee Monolog als Dialog féieren, fir dass et zu enger Konversatioun ka kommen, déi net gestéiert ass. An de Stécker *Belle-Île a Léiwe Kleeschen* weisst sech bis zum Schluss keng offensichtlech Verstännegung tëschent deenen zwou Figuren, déi am Konflikt matenee sinn. Mä a *Belle-Île* ass et esou, dass: „Das, was wie das Nichtzustandekommen von Kommunikation aussieht, ist in Wahrheit Verständigung: Jede der beiden weiß genau, warum der andere dem Gespräch ausweicht.“¹⁹² D’Nicolette an de Jimm si sech genee bewusst, wat hire Konflikt ass a firwat an hirer Kommunikatioun Stéierungen virzefanne sinn: hir Relatioun kann net funktionnéieren no all deem wat geschitt ass. D’Nicolette muss sech ëm hie këmmen obwuel hien hatt sexuell mëssshandelt huet, fir hien dofir ze bestrofen ignoréiert hatt oft seng Besoinen an torturéiert hie mat deene Geschichten, déi ganz kloer hir Vergaangenheet duerstellen, fir hien ni vergiessen ze loosse wat hien dem Nicolette ugedoen huet. Dofir si sech déi zwee Personnage bewusst, firwat si sech géigesäiteg auswäichen a bis zum Schluss kee wierklecht Gespréich iwwert hire Konflikt wäerte féieren: et kënne keng Wieder dat gutt maachen oder ännere wat virgefall ass.

Am *Fënsterdall* kënnt et tëschent dem Jean an dem Janine zu enger Verstännegung, nodeems d’Janine den Dialog als Monolog mam Jeanne geféiert huet. D’Jeanne schléift wéiderhinn an de Jean kënnt nees an d’Kummer, an där hien vum Janine konfrontéiert gëtt. De Jean probéiert nach auszewäichen: „Muer schwätze mer driwwer.“¹⁹³, mä hatt huet elo genuch Courage gesammelt fir him an d’Aen ze kucken an ze soe wat him all déi Joren um Häerz lounge:

„Ni schwätze mer driwwer. Well mer iwwerhaupt net schwätze mateneen. Wéini hues de scho mat mir geschwat? Iwwert dem Iesse schwätzt een net. Well een de Mond voll huet. Um Vëlo schwätzt een net. Well du bass vir. Hannerun der héieren ech dech net. Wann s de schwätz. Mä du schwätz net. Du muss dech konzentréieren. Op der Strooss, op de Wee, op d’Kaulen, d’Knuppen, d’Steng an d’Wuerzelen ... Op

¹⁹¹ Hebach, 134.

¹⁹² Ibid., 136.

¹⁹³ Greisch, *Fënsterdall*, S: 36.

d'Idioten, déi dech kräizen, iwwerhuelen, lauter Idioten: du fluchs, mä du schwätz net.“¹⁹⁴

Hei beschwéiert d'Janine sech fir d'éischte Kéier iwwert déi Saachen, déi hatt ëmmer gestéiert hunn, mä déi et sech ni getraut huet dem Jean an d'Gesicht ze soen. Am grousser Ganze beschreift hatt hien als Egoist, dee nëmme no sech kuckt a fir kee Gespréich oppen ass, well hien zevill mat sech selwer beschäftigt ass. Duerch dem Janine säin Ausbroch kënnt och un d'Liicht, dass hien net ëmmer esou war, mä sech vun engem Moment op deen aneren verännert huet:

„Du bass opeemol en anere ginn. Gelungen. Op eng Kéier hues de dech ëmgedréit, just ëmgedréit: dunn ... woors d'en aneren. Wéi wann s de d'Hiem gewiesselt häss ... Just d'Hiem gewiesselt? ... Wou ass de Jean bliwwen? De Jean vu fréier? De Jean mat den Aen: grouss op, deem bloe Glanz ... Gouf aus him de Pierre? Vun deem hatt schwätzt? Aus dem Pierre de Jean?“¹⁹⁵

Hatt hält him virun Aen, dass hie sech net ëmmer esou verhalen huet, mä dass et och Zäite gouf an deene si glécklech waren. Déi Fro, déi hatt sech elo stellt, wéint dem Jeanne sengen Undeutungen, ass op hie sech duerch oder wéint dem Jeanne verännert huet. Dem Jean seng Äntwert dorobber ass kloer: „Dir hutt mech op de Beemchen gedriwwen, du an hatt!“¹⁹⁶ Hien ass der Meenung, dass d'Jeanne deemools an d'Janine haut, fir säi Verhale verantwortlech sinn. Déi Ausso beweegt d'Janine nozefroen: „Wien ass hatt? So et! So et endlech!“¹⁹⁷ Vun deem Moment un bestätegt sech seng Virahnung: de Jean war effektiv mam Jeanne liiert viru Joren. Hie gëtt alles zou a beäntwert all seng Froen. Nodeems d'Janine alles konnt erausloossen, wat et iwwert déi ganz Zäit fir sech gehalten huet, ass et duerno um Jean. Hien erkläert dem Janine, wat hien un him stéiert: „Du brauchst ... wéi soll ech son? ... eppes ewéi ... de Feeling ... De Feeling feelt dir.“¹⁹⁸ an „D'Antenn. Du hues keng Antenn fir mech. Voilà.“¹⁹⁹ Hie mengt domadder, dass d'Janine net dee richtegen Drot zum Jean a sengen Interessen huet. Hatt mécht zwar bei sengen Aktivitéiten, wéi Vëlosfueren mat, mä ass net bei der Saach, well hatt sech net dofir interesséiert. Et gëtt dofir och ëmmer méi kloer, dass déi zwou Figuren mierken, dass si net beienee

¹⁹⁴ Ibid., 38.

¹⁹⁵ Ibid.

¹⁹⁶ Ibid.

¹⁹⁷ Ibid.

¹⁹⁸ Ibid., 41.

¹⁹⁹ Ibid.

passen. Och wann d'Janine versicht matzemaache, mierkt de Jean, dass hatt sech dozou zwéngt, wat him déi Freed eppes mat him z'ännerhuelen och hält. Hie fëgt nach dobäi: „Well mer op enger anerer Schinn fueren ... Kee Gefill fir e Mann hues de, wann s d'et wëlls wëssen. E Mann, dee brauch ... en ...wéi soll ech son? En Echo ... Voilà. Eppes wéi en Echo muss ech spieren ... eng Upak hunn ...“²⁰⁰ Dës Ausso verstärkt nach eng Kéier, dass een am Jean sengen Aen, déi selwecht Interessen hunn, fir dass eng Bezéiung funktionnéiert. Duerch dës oppe Verstännegung, déi déi zwou Figuren matenee féieren gëtt hinne kloer, dass hir Bezéiung an hir Kommunikatioun net ka funktionnéieren, well si net zesumme passen. Wat wichteg ass fir festzehalen ass, firwat d'Vestännegung dës Kéier klappt: D'Kontaktopnam verleeft ouni Schwierigkeeten, béid Figuren huelen d'Gespréich un an hu kloer a verständlech Äntwerten parat. Den Inhalts- a Bezéiungsaspekt gi vun deenen zwou Säite verstanen an ugeholl an hir Bezéiung huet sech aus enger steiwer komplementärer Relatioun eraus an eng symmetresch Bezéiung gewandelt, an där et keng Ranguerdnung méi gëtt a si sech op där nämlecher Héicht begéinen. Zousätzlech ënnerbrieche si sech net méi, woumadder et keng Ofbréch an der Sprooch méi ginn a während hirem opklärende Gespréich si praktesch keng Pause méi ze fannen. Si féieren di ganzen Zäit iwwer en Dialog, deen net an en dialogesche Monolog iwwergeet an och keen Dialog als Monolog ass. Dofir kann ee festhalen, dass et eng Verstännegung tëschent dem Jean a Janine gëtt: et gëtt hinne bewusst, dass hir Bezéiung net klappt, well si aner Saachen am Liew wëllen an dofir net beienee passen. Si packen et als eenzeg Koppel aus deenen dräi Stécker iwwert hire Konflikt ze schwätzen. Zousätzlech kann een hei bemierken, dass *Fënsterdall* dat eenzegt Stéck ass, wat all eenzel Faktore vun deene verschiddene Kommunikatiounsstéierungen a sech dréit: Bei *Belle-Île* kënnt et zu kengem Dialog als Monolog an am *Léiwe Kleeschen* kënnt et ni zu engem dialogesche Monolog. Ob et eng Léisung fir dem Jean a Janie hire Konflikt gëtt, wäert am nächste Kapitel analyséiert ginn.

²⁰⁰ Ibid., 41.

4.4 D’Konsequenze vun de Kommunikatiounsstéierungen

An dësem leschte Kapitel ginn d’Konsequenze vun de Kommunikatiounsstéierungen presentéiert an erkläert. Déi Froe, déi sech hei stelle sinn: wéi ginn d’Stécker aus a kënn et zu enger Eskalatioun?

Um Schluss vu *Belle-Île* sinn d’Nicolette, den Hack an de Jimm, deem säi Kapp verbonnen ass, um Point-de-vue ze fannen. Dem Jimm seng Verletzung gëtt als éischt vum Hack kommentéiert: „Et war nach Chance.“²⁰¹ Doropshin seet d’Nicolette: „Wann dir dat Chance nennt!“²⁰², wat weisst, dass den Ausgang vun deem „Accident“ net sengen Erwaardungen an Hoffnungen entsprécht. Dofir verbessert den Hack seng Ausso: „[...] Ech mengen hien: *hien* hat nach Chance! Wann ee bedenkt: an enger Heck hänke bliwwen“²⁰³ Dëst bestätegt, dass de Jimm net zoufällleg hänke bliwwen ass, mä dass een hien huet missten an eng Heck drécken. Mat grousser Wahrscheinlechkeet war et d’Nicolette, dat hien eragedréckt huet. De Fakt, dass hien nach Chance hat, weisst drop hinn, dass et fir hatt keng Chance war an dass hatt weiderhinn mam Jimm geplot ass. D’Nicolette äussert sech zum Hack senger Ausso esou: „An da behaapt deen Hännnes, hei géifen et keng Hecken!“²⁰⁴ an zum Jimm seet et: „Elo hues d’et mat dengen Hecken déi et net gëtt!“²⁰⁵ Hatt léisst hie bis zum Schluss, wuertwiertlech spieren, wat hien him deemools ugedoen huet. Säi Saz ass zimmlech sécher dorobber bezunn, dass seng Mamm him deemools ëmmer gesot huet et géif Männercher gesinn, wann et hir vum Jimm senge Mësshandlungen erzielt huet. Dem Jimm seng Äntwert bestätegt dës Vermutung: „Gëff dech!“²⁰⁶ Hie weess ganz genee, wat d’Nicolette mat dëser Ausso undeit a beweist mat deem „Gëff dech!“, dass hien näischt, wat aus der Vergaangenheet opgegraff gëtt, wëll héieren. Zesummeffaassend kann ee soen, dass et am *Belle-Île* keng wierklech Eskalatioun gëtt, et gëtt just drop higedeit, dass d’Nicolette bis dem Jimm säin Doud, probéiert hien fir d’Vergaangenheet ze bestrofen. Fir de Recht verbleiwe si an där näemlechster Situatioun gefaangen, mat deene selwechte Wënsch, Hoffnungen an awer och Kommunikatiounsstéierungen.

²⁰¹ Greisch, *Belle-Île*, S: 52.

²⁰² Ibid.

²⁰³ Ibid.

²⁰⁴ Ibid.

²⁰⁵ Ibid.

²⁰⁶ Ibid.

Am *Fënsterdall* kënnt et um Schluss zu engem Doudesfall: dem Jeanne säin. Sāi Verlaangere nom Doud gouf erfëllt, nodeems de Jean an d'Janine sech fir d'éischte Kéier richtig verstännege konnten. Si, déi de Grond vun dëser Verständnegung war, léisst déi zwou aner Figuren mat hirem Schicksal zrëck an d'Decisioun läit elo bei hinnen, wat si aus deem erauszéien, wat an der Brak geschitt ass. Et schénge wéi wann dat Gespréich tëscht hinnen ni virgefall wier, well de Jean fänkt nees un d'Janine ronderëm ze kommandéieren an huet nach ëmmer säin Zil virun Aen fir an de Nepal ze fueren. Hie seet: „Komm! An dong endlech dee Rack aus!“²⁰⁷, wat weisst, dass alles no him soll goen an dass d'Janine him soll follegen. Hatt reagiert awer net op sāi Kommando, wouopshin de Jean muss ruffen: „Kënns de?“²⁰⁸ D'Janine reagiert nach ëmmer net, mā hatt deet de Rack aus a leet en iwwert dem Jeanne sāi Kierper. Hatt mécht dat net, well de Jean him sot et sollt de Rack ausdinn, mā well de Rack zum Jeanne gehéiert, an éiert domadder seng Figur. De Jean gëtt ongedëlleg a rífft nach eng Kéier: „Janine!!!“²⁰⁹ Nach ëmmer keng Reaktioun, hatt äntwert net, hatt „[...] kuckt op d'Dier ... Een Ament ... dann.“²¹⁰. D'Stéck geet domadder op en Enn, dass een net weess ob d'Janine mat him geet oder ob et sech vun him lassléisst, dat heescht et kënnt zu kenger Eskalatioun. Mā hatt mierkt, dass de Jean sech ni wäert änneren, wat weisst, dass d'Kommunikatiounsstéierungen fir hiert opklärend Gespréich zwar verschwonne sinn, mā wann d'Janine sech dofir decidéiert mam Jean ze fueren, wäerten déi direkt erëm antrieden, well hir Problemer déi selwecht wäerte bleiwen. D'Figure verbleiwen awer an engem oppene Schluss, an deem et dem Zuschauer senger Imaginatioun iwwerlooss ass, wéi et ausgeet.

De leschten Akt vum *Léiwe Kleeschen* weisst de Francis, ëmzingelt vu Béierfläschen, an hirer Wunneng mat engem Kassettererekorder. Et héiert een dem Arlette seng Stëmm a seng Erklärungen firwat hatt hie verléisst. De Francis rífft op déi Wieder verzweifelt: „Bleif!“²¹¹ an dann héiert een d'Arlette nees: „Du has mer versprach, ni méi -“²¹² tëscht dës Ausso rífft hien: „Näischt hun ech der versprach! Wéi kann ecg eppes versprechen, wanns de weess datt ech näischt hale kann!“²¹³

²⁰⁷ Greisch, *Fënsterdall*, S: 50.

²⁰⁸ Ibid.

²⁰⁹ Ibid., 51.

²¹⁰ Ibid.

²¹¹ Greisch, *Léiwe Kleeschen*, S: 75.

²¹² Ibid.

²¹³ Ibid.

Dës Ënnerbriechung ënnersträischt wéi staark hir Kommunikatiounsstéierunge sinn: de Francis ënnerbrécht d'Arlette esouguer an deem Moment an deem hatt net präsent ass a guer net kann héiere wat hie seet. Den Inhalt vu senger Ausso weisst, dass hie kee Mënsch ass op deem sech d'Arlette konnt verloossen a ganz vu sengem Suchtproblem ageholl ginn ass. Op der Kassette freet d'Arlette:

„Firwat schléis de mech? Ëmmer schléis de mech! Da's gemeng! Sin ech net geschloë genuch? Ech sin net grouss gi fir geschlon ze gin! An däi Bléck: wou as däi Bléck vu fréier? Ech wär derfir duerch d'Feier gaang...! Ewell kucks de dran wi's alleguer, wi de Camille. Wou kanns de!? Dat as kee Bléck méi, da's en Affront! – Ech gin.“²¹⁴

Hatt traut sech endlech him alles ze soen, mä nëmmen aus dem Grond, well hatt him net muss an d'Ae kucken a seng Reaktioun ni wäert ze spiere kréien. Hatt erkläert him, dass hien sech an de Camille verwandelt huet, eng Figur, déi d'Arlette net respektéiere kann a wëll. Mam Änder senger Hëllef huet hatt et gepackt sech vum Franis ze léisen an domadder e bessert Liewen ouni Gewalt unzufänken. Aus Verzweiflung zum Arlette sengem Saz „Ech gin“, jäitzt hien nach: „Bleif!“²¹⁵ Déi ganz Zeen weisst, dass hei d'Kommunikatiounsstéierungen bis un d'Extreemt ginn. Si konnte sech bis zum Schluss net verstännegen, wat dat Gespréich tëschent dem Francis an dem Kassetterekorder beweist. Et huet missten esou wäit kommen, dass d'Arlette keen anere Wee méi fonnt huet fir sech matdeelen ze kënnen. D'Kommunikatiounsstéierungen an dësem Stéck bréngen et esou wäit, dass et zu enger Eskalatioun duerch si kënnt: de Francis setzt sech de „gëllene Schoss“. D'Arlette war dat eenzegt wat hien um Liewe gehalen huet an ouni hatt gesäit hie kee Sënn méi weiderzemaachen. An engem vu senge leschte Momenter seet en nach an engem ganz rouegen Toun: „Arlette! Ech kommen.“²¹⁶, wat beweist dass d'Arlette dat eenzegt wichtegt fir hien war am Liewen, an d'Drogen, déi zu de Kommunikatiounsstéierunge geféiert hunn, alles futti gemaach hunn. Dem Francis säin Doud bedeit dem Arlette seng Fräiheet an eng Chance op e neit Liewen.

D'Konsequenze vun de Kommunikatiounsstéierungen sinn an all Stéck anescht an et kënnt just an engem Drama zu enger Eskalatioun. Bei deenen zwee anere Stécker wäerte sech dës Stéierunge nëmme léisen, wann d'Figure sech vuneneen trennen:

²¹⁴ Ibid., 75-76.

²¹⁵ Ibid., 76.

²¹⁶ Ibid., 78.

entweder duerch den Doud am *Belle-Île* an duerch e Schlusstréch vun enger Beziung am *Fënsterdall*. D'Personnage sinn nämlech net fähig zesummen, ouni Kommunikatiounsstéierungen, ze funktionnéieren.

5. Konklusioun

Zesummeffaassend kann ee soen, dass dem Pol Greisch säi Spéitwierk definitiv den Definitiounen vum analyteschen Drama gerecht gött. D'Stécker mat hire Konflikter sinn, wéi am theoreteschen Deel beschriwwen, net offensichtlech an oppen, mä et muss no de Konflikter gesicht ginn. Am Ufank schéngt et esou, wéi wann et keng wierklech Handlungen oder Aktiounen géif ginn, mä no a no bild sech aus der Vergaangenheet eraus e Konflikt, deen aus verschiddene Perspektive kommentéiert gött an op dee reagéiert gött. Esou stellt sech eraus, dass aus deene dräi Stécker, déi jeweils eng Dräi-Figuren-Konstellatioun besëtzen, ëmmer eng Figur, déi deenen anere Personagen ufanks friem ass, déi Figur gött, déi „hëlleft“ de Konflikt opzeddecken. Dëse Konflikt ass all Kéiers mat Kommunikatiounsstéierungen verbonden. Doropshinn ass festgesat ginn, wéini eng Konversatioun als problematesch a gestéiert gëlt. Aus der sozio-psychologescher Perspektiv aus gesinn, ass et wichteg, dass d'Kontaktopnam, d'Inhalts- a Beziungsaspekter an d'komplementär a symmetresch Interaktiounen musse klappen fir dass eng Konversatioun kann entstoën. Wann awer och nëmmen ee vun deene Faktoren net erfëllt gött, si Kommunikatiounsstéierungen feststellen. Aus der linguistescher Perspektiv eraus stinn d'Pausen an d'Ofbréch an der Sprooch, den dialogesche Monolog an den Dialog als Monolog am Fokus. Aus dëser Siicht eraus ass et wichteg, dass keen dialogesche Monolog oder en Dialog als Monolog optrëtt, dat heescht dass eng Figur net dierf fir sech schätzen, well dës direkt zu Stéierungen an der Kommunikatioun féieret: wann en Dialog net richtig funktionnéiert, kann et zu kenger onproblematescher Konversatioun kommen. Bei de Pausen an Ofbréch an der Sprooch kann d'Kommunikatioun ënnerbrach ginn, mä se muss net an all de Fäll ganz gestéiert ginn, esou dass guer keng Konversatioun entstoe kann.

D'Fro déi am Ufank gestallt ginn ass: a wéi enge Stécker leie wéi eng Kommunikatiounsstéierung vir, kann elo kloer beäntwert ginn: Problemer bei der Kontaktopnam, den Inhalts- a Beziungsaspekter a bei der komplementärer a

symmetrischer Interaktioun konnten an deenen dräi Stécker fonnt ginn, déi d'Figuren un engem natierlechen Opbau vun enger Konversatioun gehënnert hunn. Dofir ass festzehalen, dass déi sozio-psychologesch Perspektiv ausschlaggebend fir d'Kommunikatiounsstéierung war: d'Problemer an der Kommunikatioun leien déif verankert an der Psyche vun de Figuren. Aus der linguistescher Perspektiv eraus gesinn, huet net all Stéck eng Zeen an där en dialogesche Monolog dra virkënnt, zum Beispill kënnt et am *Léiwe Kleeschen* ni zu engem „Scheindialog“. Dat selwecht gëlt fir *Belle-Île* am Dialog als Monolog, hei existéiert keng Zeen an där eng Figur e Monolog féiert an dobäi net gehéiert gëtt. Domadder stellt sech eraus, dass am *Fënsterdall* all eenzel Faktoren vun de Kommunikatiounsstéierungen, aus deenen zwou Perspektiven, optrieden. Dëst leed direkt zu der nächster Fro, déi mat deem selwechte Stéck ka beäntwert ginn: dat eenzelt Drama an där eng richteg Verständnegung virkënnt an deem d'Konflikter an engem klärende Gespréich ugeschwat ginn, ass am *Fënsterdall*. Leider heescht dat net, dass sech domadder d'Stéierung opgeléist hunn. Den Dag drop schéngt vum Jean sengem Point-de-vue aus alles vergiess ze sinn a firt a senger bekannter, egoistescher Aart a Weis weider. Dat eenzelt wat d'Gespréich bruecht huet, ass dass d'Janine gemierkt huet, dass hir Bezéiung net méi funktionnéiert. Ob hatt sech vir oder géint eng Zukunft mam Jean decidéiert bleift oppen, dofir ass et ongewëss ob d'Stéierung sech mat enger Trennung obhiewen oder net. An deenen aneren zwee Stécker kënnt et ni zu enger richteger Verständnegung an déi problematesch Kommunikatioun bleift do bis zum Schluss bestoen. Dat heescht, dass am *Belle-Île* d'Stéierungen an hir problematesch Bezéiung zoueneen, bis dem Jimm säin Doud antrëtt, bestoe bleift, well d'Nicolette de Jimm bis un d'Enn vu sengem Liewe wäert spiere loossen, wat hien him ugedoen huet. Am *Léiwe Kleeschen* huet de Francis sengem Liewe selwer en Enn gesat a setzt domadder och e Schlusstréch ënnert d'Kommunikatiounsstéierungen, déi e groussen Deel zu dëser Kuerzschlussreaktioun bäigedroen hunn. Et kann een dofir festhalen, dass déi problematesch Kommunikatioun am Pol Greisch sengem Theater, de Figuren hiert Liewen an hiert Schicksal bis zum Schluss bestëmmt. Eng lescht Fro bleift nach oppen an zwar wat d'Kommunikatiounsstéierungen iwwert d'Figurenkonstellatioun aussoen? An deenen dräi Stécker weisst sech all Kéiers bei deenen zwou Figuren, déi e Konflikt mateneen hunn eng problematesch Kommunikatioun. Déi drëtt an ufanks friem Figur hält Kontakt mat deenen anere Personagen op a verwandelt sech an eng Bezugspersoun, duerch déi

d’Vergaangenheet mat hire Konflikter, wéi bei Ibsen an Tschechow, un d’Liicht kommen. Am *Belle-Île* fënnt d’Nicolette am Hack eng Figur mat där hatt ka schwätzen, mä verbleift awer an enger verstréckter a komplizierter Bezéiung mam Jimm. Am *Fënsterdall* mécht d’Jeanne besonnesch dem Janine d’Aen op, dass seng an dem Jean seng Bezéiung net méi funktionnéiert. Duerch d’Jeanne kritt hatt de Courage dem Jean dat ze soe, wat hatt säit Joren a sech gedroen huet. Ob dat schlussendlech duergaangen ass fir, dass d’Janine dëser problematescher Bezéiug en Enn setzt, bleift oppen. Den Änder packt et am *Léiwe Kleeschen*, als ufanks friem Figur, d’Arlette z’iwwerzeegen de Francis ze verloossen an domadder déi ganz Problematik, déi di zwou Figure verbonnen huet, hannert sech ze loossen. Dofir kann ee schlussendlech soen, dass d’Kommunikatiounsstéierungen esou ee staarken an negativen Effekt op d’Figuren, déi e Konflikt verbonnen huet, hunn, dass an all de Stécker Ausbréchversich ënnerholl gi sinn, déi deelweis gelonge sinn, deelweis awer och net.

6. Bibliographie

Primärliteratur:

- Greisch, Pol. (1997): *Léiwe Kleeschen*. Déifferdang: éditions phi
- Greisch, Pol. (2008): *Belle-Île*. Déifferdang: éditions phi
- Greisch, Pol. (2008): *Fënsterdall*. Déifferdang: éditions phi

Sekundärliteratur:

Bücher:

- Fiehler, Reinhard. (2002): *Verständigungsprobleme und gestörte Kommunikation*. Radolfzell: Verlag der Gesprächsforschung
- Goetzinger, Germaine. / Conter, Claude D. (2007): *Luxemburger Autorenlexikon*. Mersch: Centre national de littérature
- Hebach, Marion. (2006): *Gestörte Kommunikation im amerikanischen Drama*. Tübingen: Gunter Narr Verlag
- Esslin, Martin. (1983): *The Theatre of the Absurd*. London: Penguin Books
- Goffman, Erving. (1979): *Der bestätigende Austausch*. An: Manfred Auwärter et. al. (eds.), *Seminar: Kommunikation, Interaktion, Identität*. Frankfurt am Main: Suhrkamp Verlag
- Pfister, Manfred. (2001): *Das Drama. Theorie und Analyse*. München: Wilhelm Fink Verlag
- Roller, Maurus. (2014): *Krise und Wandel: Das britische Drama im 20. Jahrhundert*. Tübingen: Gunter Narr Verlag.
- Sarrazac, Jean-Pierre. (2012): *Poétique Du Drame Moderne*. Paris: Editions du Seuil
- Schöblier, Franziska. (2012): *Einführung in die Dramenanalyse*. Stuttgart: Verlag J.B. Metzler
- Szondi, Peter. (2013): *Theorie des modernen Dramas (1880-1950)*. Frankfurt am Main: Suhrkamp Verlag
- Von Stackelberg, Jürgen. (1999): *Kleine Geschichte der französischen Literatur*. München: C.H. Beck Verlag

Zeitungsartikel:

- Clesse, René: *Sankt Nikolaus auf dem Horrortrip*. Lëtzebuerger Land, №4, 24. Januar 1997, S: 15.